



- une collaboration avec le Parlement européen telle que prévue par l'article 13 du TSCG, et

insistant au respect des compétences propres des parlements nationaux dans le domaine budgétaire et financier et en invitant le Parlement européen à en tenir compte dans ses propres démarches et initiatives.

(s.) Ben Fayot, François Bausch, Norbert Hauptert, Jacques-Yves Henckes, Lydie Polfer.

An da kéime mer nach eng Kéier zréck op den éischte Projet de loi vun haut de Mëtteg, nämlech de Projet 6160 iwwert d'Post. Hei hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Aehm, den Här Berger, den Här Haagen, den Här Adam an den Här Colombero. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den hono-rabelen Här Norbert Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

### 3. 6160 - Projet de loi sur les services postaux

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace**

► **M. Norbert Hauptert** (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, dee Gesetzesprojet iwwert de Postservice gesäit d'Ëmsetzung vun enger Direktiv aus dem Joer 2008 vir, eng Direktiv iwwert déi definitiv Realisation vum europäesche Bannemaart am Beräich vun de Postservice.

Dës Direktiv huet déi komplett Liberaliséierung vun de Postservicer fir den 1. Januar 2011 vir-gesinn, mat der Méiglechkeet fir d'Members-länner, dës Échéance op Ufro hin ëm zwee Joer verlängert ze kréien, a Lëtzebuerg huet vun dëser Méiglechkeet Gebrauch gemaach.

Eigentlech huet d'Liberaliséierung vun de Postservicer schonns virun zwielef Joer ugefaange mat der Ëmsetzung vun der Direktiv 97/67. Duerch déi Direktiv, déi iwwert d'Gesetz vum 15. Dezember 2000 an eis national Legislatioun ëmgesat gouf, konnt de Postservice mat Aus-nahm vun der Bréifpost vu 50 g a manner an der Colis-Post bis zu 2 kg um konkurrenzéierte Maart duerch d'Bedreiwer vu Postservicer uge-buede ginn. Esou sinn nei Firmen, besonnesch am Beräich vun der Express-Post, bei eis am Land usäseg ginn.

Déi Ausnahm, dat heescht, Bréiwer bis zu 50 g a Päck bis zu 2 kg, déi de Service réservé gestallt hunn, sollten als Kompensatioun fir d'Méikäschte fir de Bedreiwer vum Service postal universel, an eisem Fall de Postbetrieb, déngen. Dës Kompensatioun soll ab dem 1. Januar 2013 ewechfalen.

Dir Dammen an Dir Hären, woura läit dann eigentlech de Problem? De Problem, dee läit am Spagat, deen de Législateur maache muss tëschent dem fräie Konkurrenzmaart, wat déi eenzel Postservicer ubelaangt, deen der Philo-sophie am Fong geholl vum Bannemaart, vum fräie Bannemaart vun der Europäescher Unioun entsprecht, an anerersäits der Ofsecherung vum universale Postservice, deen an der Iddi vun enger nationaler Kohäsion verankert ass.

Den universale Postservice besteet an der Ga-rantie fir all Awunner bei eis am Land, egal wou hie wunnt, deen eng Bréifkëscht no den Norme vun dem nationale Régulateur opgestallt huet, d'Recht ze hunn, fir seng Post geliwwert ze kréie géint d'Bezuele vun engem abordablen Eenheitspräis iwwert d'ganzt Land.

Duerch d'Liberaliséierung ass et duerchaus méiglech, datt Betriber un de Postservicer vun de groussen Agglomératione mat enorme Quantitéite vu Bréiwer a Päck op engem klengen Raum interesséiert sinn, an déi entleeën Dierfer uerchtert d'Land net bedénge wëllen.

Duerfir gesäit de Projet vir, datt de Régulateur, an eisem Fall den Institut Luxembourgeois de Régulation, een oder méi Betriber obligéiere kann, de Service postal universel ze assuréieren. De Finanzement vun deem Service muss awer assuréiert ginn am Fall, wou d'Recetten, déi de Service postal universel generéiert, net duerginn, fir d'Käschten, déi duerch hien entstinn, ze decken.

De Bréifservice ass nach wie vor e rentabele Service, besonnesch an deene grouse Metro-polé wéi Stied wéi Lëtzebuerg, Esch, Didde-leng, Déifferdang, d'Nordstad, fir nëmmen déi ze nennen. Fir déi Marchée fënn ee räichlech Ubidder.

Dat ass awer net de Fall an de ländleche Re-giounen mat wäite Weeër a klengen Postvolumen. De Problem huet sech net gestallt, wou d'Post

nach de Monopol vun dem Postservice bei eis am Land hat. Och no der éischter Liberalisa-tioun am Joer 2000 krut d'Post d'Käschte vum Universalservice iwwert de Service réservé ge-deckt.

Wat d'Ofsechere vum Service postal universel ubelaangt, esou gesäit de Projet vir, datt d'En-treprise vun der Post an der Telekommunika-tioun dee Service universel bis d'Joer 2020 as-suréiert. Dat ass net onbedéngt e Cadeau fir eis Postentreprise.

Här President, d'Zil vun dësem Projet besteet also doran, engersäits de Fonctionnement vun engem liberaliséierten, konkurrenzfähige Post-betrieb ze reglementéieren an anerersäits d'Uge-buet vun engem Universalservice ofzesécheren.

Deen éischten Deel vum Projet gesäit all-gemeng Bestëmmungen an Definitione vir. Deen zweeten Deel leet Bedéngunge fest, fir e Postservice kënnen unzibidden an een Accès op de Réseau ze kréien.

De Projet ënnerscheet tëschent dem einfachen Ubidder vu Postservicer, deen eng Notifikatioun un den Institut Luxembourgeois de la Régulation muss riichten, an dem Ubidder vum uni-versale Postservice, deen eng Autorisatioun vum IRL muss ufroen. Dës Autorisatioun ass un d'Obligatioun gebonnen, déi d'Qualitéit, d'Disponibilitéit an d'Ausféierung, déi de Ser-vice universel ubelaangen, souwéi zur Contri-butioun un den Nettokäschte vum allgemengen Universalservice bäizdroen.

Den drëtten Deel vum Projet bestëmmt d'Rechter vum Endbenotzer vum Postservice. Si be-treffen d'Verdeelung vun dem Postservice souwéi de Recours am Fall, wou seng Post ver-luer geet.

De véierten Deel traitéiert den universale Post-service. Woura besteet deen? Wéi eng Exigence muss en erfëllen? D'Auteurs vum Projet hate virgesinn, datt eng vun den Exigenzen an der Verdeelung vun der Post sechs Deeg an der Woch géif bestoen. Opgrond vun allen Avisé vun de Berufschamberen an aneren Organisa-tiounen, déi sech géint esou eng sechsdeegeg Verdeelung ausgesprach hunn, huet d'Kommis-sioun no Récksprouch mat dem zoustännege Minister décidéiert, fir de Service esou wéi bis elo op fënnf Deeg ze beschränken.

De fënneften Deel fixéiert Moossnamen, déi de Regulateur ënnerrhuele kann, fir de Service uni-versel oprechtzeerhalen. Wéi muss de Service ausgeschriwwen ginn? A wat geschitt, wa keen Ubidder fir den universale Service postuléiert? An deem Fall designéiert den IRL een oder zwee Bedreiwer, déi am Besëtz vun enger Autorisa-tioun sinn, fir den universale Service ze assu-réieren.

De sechsten Deel traitéiert de Finanzement vum Service postal universel. Den Artikel 26 gesäit d'Aféierung vun engem Fonds pour le maintien du service postal universel vir. Dee Fong gëtt vum IRL géréiert a vun engem agrééierte Réviseur d'entreprise kontrolléiert. Zum Finanzement vum Fong droen all d'Pres-tatairé vun universale Postservicer bäi. Dat heescht, all Prestataire, déi am Besëtz vun enger Autorisatioun sinn, mat Ausnahm vum designéierte Prestataire am Fall, wou keen Ubidder op d'Ausschreiwung vum Universalservice geäntwert huet.

De siwenten Deel fixéiert d'Prinzipien, deenen d'Tariffer vun dem Universalservice ënnerrworf sinn. Si mussen abordabel fir all Benotzer vum Service universel sinn. Si mussen käschtede-ckend orientéiert sinn an en Incentive fir d'Uge-buet vum Universalservice duerstellen. Si mussen fir all Échelon vu Prestatioun uniforme iwwert d'ganzt Land sinn a si mussen transparent an net diskriminatoresch sinn.

#### (Interruption)

Den aachten Deel...

Jo, voilà!

Deen aachten Deel leet d'Aufgab vum IRL als national onofhängeg Reguliatiounsautoritéit fest. Wat sinn dem IRL seng Missiounen? Wéi muss en déi ausüben a wat sinn d'Obligatiou-nen, déi mat senger Missioun verbonne sinn?

Den néngten Deel vum Projet gesäit Sank-tiounen vir, deenen d'Prestatairé vum Postservice ënnerrworf sinn, wa se hir Missioun net re-gelrecht ausféieren. Am leschten Deel ginn d'Mesures abrogatoires an d'Dispositions tran-sitoires festgeluecht.

Esou gëtt d'Entreprise vun der Post an den Te-lekommunikatiounen mat dem Service postal universel bis den 31. Dezember 2019 char-géiert a gëtt während där Zäit vun enger Contributioun an de Fonds de maintien du ser-vice postal universel entbonnen.

Duerch dëse Projet gëtt d'Gesetz vum 15. De-zenber 2000 iwwert d'Postservicer an d'Postfi-nanzservicer an zwee gespléckt. D'Postservicer ginn aus dem Gesetz vum 2000 erausgeholl an

an de virleiende Projet integréiert, an d'Gesetz vum 2000 deckt an Zukunft nëmme méi d'Fi-nanzservicer of.

Sämtlech Berufschamberen, den Institut vun de Betribsréviseurs, de Conseil de la concu-rrence an d'Entreprise vun der Post an den Te-lekommunikatiounen souwéi de Statsrot hunn e fundéierten Avis zu dësem wichtege Gesetzes-projet agereecht.

D'Salariatschamber begréisst, datt d'Post nach während siwe Joer de Service postal universel assuréiere soll. Si ass der Meenung, datt, fir een uerdentleche Service ze assuréieren, déi aktuell Postbüroer bestoe bleiwe mussen. Si ass derfir, datt de Fong fir d'Bäibehale vum Service postal universel vun alle Bedreiwer vu Postservicer an net nëmme vun de Bedreiwer vum Service postal universel gespeist misst ginn.

D'Chamber vun de Fonctionnaire begréisst ebenfalls...

#### (Brouhaha général)

Merci.

D'Chamber vun de Fonctionnaire begréisst ebenfals, datt d'Entreprise vun der Post mam Service universel bis den 31. Dezember 2019 beoptragt gëtt. Och wat d'Bäibehale vun de Postbüroer an d'Speisung vum Fong ube-laangt, läit se op darselwechter Wellelängt wéi d'Salariatschamber. Se schléit awer d'Kombina-tioun vun deenen zwou Optiounen fir de Finan-zement vum Fong, esou wéi d'Direktiv et vir-gesäit, vir, dat heescht d'Speisung duerch d'Prestataire an eng Prise en charge vum eventuel verbleiwenden Découvert duerch de Statsbudget.

D'Chambre de Commerce regrettéiert deen defensive Charakter vum Projet, wat d'Liberali-satioun vum Postservice ubelaangt. Si insistéiert op d'Wichtegkeet vun engem Kollektivvertrag, deen d'Postservicer hei zu Lëtzebuerg op eng wirtschaftlech viabel an international kompeti-tiv Manéier erméiglecht. Si ass der Meenung, datt an der Iwwergangsperiod, dat heescht vum 1. Januar 2013 bis den 31. Dezember 2019, d'Méikäschte vum Service postal uni-versel iwwert de Statsbudget gedroe misste ginn, an ass géint eng Participatioun vun alle Postser-vicedbedreiwer un de Fonctionnementskäschte vum IRL.

D'Entreprise vun der Post werft eng Rei Pro-blemer op, wat de Finanzement vun dem Ser-vice postal universel ubelaangt an d'Densitéit vum Réseau vum Postservice betrëfft. Eng Rei vun hire Remarquen hunn zu enger wesentle-cher Verbesserung vum Text bäigedroen.

De Conseil d'État huet a sengem Avis eng Rei vu formelle Verbesserung vum Text virge-schloen. Zesumme mat de Remarqué vun de Berufschamberen hunn déi derzou bäigedroen, datt d'Chamberskommissioun eng Rei vun Amendementer agereecht huet, déi vum Statsrot positiv aviséiert konnte ginn.

D'Chamberskommissioun huet mäi Rapport den 13. Dezember unanime ugehall a schléit der Chamber vir, den Text, esou wéi en am Projet virläit, ze stëmmen.

Erlaabt mer awer nach eng lescht Remarque, Här President. Ech wollt besonnesch e Merci un d'Personal vun der Post a besonnesch d'Bréif-dréier riichten, déi eis an déi deene Jore méi no stoungen, fir all déi Servicer, déi se am Déngscht vun eise Bierger a besonnesch, mengen ech, am Intérêt vun der sozialer Kohä-sioun vun eiser Gesellschaft gelescht hunn.

Ech wéilt awer och besonnesch de Kolleegen aus der Kommissioun Merci soe fir déi Kollabo-ratioun, déi ech fonnt hunn, fir dëse Projet an de Rapport vum Projet hei ze maachen. Ech mengen, mir haten eng flott Diskussioun ze-summe mat de Leit aus dem Ministère, ze-summe mam zoustännege Minister, dee prak-tesch ëmmer präsent war, fir den Text esou ze gestalten, wéi en haut hei virläit. Ech mengen, et ass eng Verbesserung vum Text, wéi en initial ausgesinn huet.

An ech mengen, mä leschte Merci geet beson-nesch un eis Sekretärin vun der Kommissioun, der Madame Tescher, déi wierklech eng formi-dabel Aarbecht gelescht huet, fir eis ze er-méiglechen, datt mer dee flotten Text, dee mer haut hunn, hei kënnen virdroen an datt mer iwwerhaupt de Projet haut kënnen iwwert d'Bühn bréngen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

#### ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.-** Merci dem Här Rapporteur. Als éischt Riednerin ass d'Madame Diane Aehm agedroen. Madame Aehm, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **Mme Diane Aehm** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut iwwert dat neit Postgesetz of. An der Öff-

fentlechkeet gëtt eigentlech éischter wéineg vun dësem Gesetz geschwat, obschonn et e Gesetz ass, dat jiddwer Eenzelne vun eis be-trëfft.

Et geet ëm d'Liberaliséierung vun de Post-déngschter. Doduerjer soll d'Konkurrenz të-schent de Betriber, déi Postservicer ubidden, eropgoen. Mäi Kolleg, den Norbert Hauptert, huet en exzellente Rapport gemaach, an duergir géif ech mech och just op dräi Punkten haut de Mëtteg konzentréieren.

Den éischte Punkt ass de Service postal uni-versel. Dëse Service besteet aus dem Asammelen, dem Sortéieren, dem Transport an dem Ver-deele vu Postsendunge bis zu zwee Kilo. Dat-selwecht gëllt och fir Päck vun zéng Kilo souwéi d'Veerdele vu Päck bis zu 20 Kilo, déi aus engem aneren EU-Memberland kommen. Och d'ageschriwwen Bréiwer souwéi d'Wäertsachen, déi mat der Post geschéckt ginn, falen ënnert de Service postal universel.

An dësem Zusammenhang ass et interessant ze notéieren, dass d'Verdeele vun de Lëtzebuerg-er Dageszeitungen net ënnert de Service postal universel fällt, well dës vun engem anere Ver-deellerréseau ausgedroe ginn, der sougenannter Messagerie postale.

Déi grouss Neierung beim Service postal uni-versel besteet doranner, dass en a seng eenzel Bestanddeeler zerluecht gëtt. Dat heescht, dass ab dem 1. Januar 2013 ënnerschiddlech Firme kënnen op deem Créneau aktiv ginn, an net méi eng eenzeg Firma wéi bis elo. Wat de Pres-tataire vum Service postal universel ubelaangt, muss dësen derfir suergen, dass déi virgenannte Postsendunge während weinstens fënnf Deeg an der Woch agesammelt, sortéiert, transpor-téiert a verdeelt ginn, an dëst am ganze Land.

Den Institut Luxembourgeois de Régulation soll derfir suergen, dass iwwerall am Land Bréif-këschte stinn. Dës Bréifkëschte sollen zu be-stëmmten Zäite während deene fënnf Schaff-deeg eidel gemaach ginn. Ausserdeem soll all Privatpersoun an all Betrieb während fënnf Deeg an der Woch seng Postsendunge bei sech heem an d'Bréifkëscht kréien. Hei stellt sech d'Fro, firwat dass mir bei fënnf Deeg an der Woch bleiwen an net op sechs Deeg eropginn. Dëst ass nämlech a verschiddenen EU-Mem-berstaten de Fall.

Eng vun den Ursaachen ass, dass an eisem Land 95% vun de Postsendunge bannent engem Dag ausgedeelt ginn an 99% bannent zwee Deeg. Wa mir higaange wäeren a mir hätten de Service universel op sechs Deeg eropgesat, da géifen d'Postsendunge vu freides samschdes verdeelt ginn. Nun ass et awer esou, dass 90% vun de Postsendunge fir grouss Clienté sinn, wéi zum Beispill eis Verwaltungen, d'Banken oder aner Firmen, an déi schaffen eben nun emol gréisstendeels net samschdes. Et mécht also kee Sënn, d'Postsendunge samschdes ze verdeelen, wa se dann awer eréischt méindes gelies ginn.

Ausserdeem géif dëst laut der Lëtzebuerg-er En-treprise des Postes et Télécommunications ron-néng Milliounen Euro zousätzlech pro Joer kaschten. Déi verschidde Berufskummere sinn och net fir den Ausbau vum Service postal uni-versel op sechs Deeg.

Mä firwat ass et dann eigentlech esou wichteg, fir de Service postal universel ze definéieren an derfir ze suergen, dass en dann och esou aus-geféiert gëtt? Mä ganz einfach, well all Awun-ner hei am Land dovunner beträff ass.

Stellt lech einfach emol vir, Dir kréicht net méi all Dag Är Postsendungen heem, mä just nach eemol an der Woch. Oder Dir misst Är Post-sendungen iergendwou an eng aner Uertschaft siche fueren. Stellt lech och vir, et stéinge keng Bréifkëschte méi uechtert d'Land an Dir misst Är Saachen iergendwou op eng zentral Plaz féieren. Oder déi puer Bréifkëschten, déi dann nach iergendwou stinn, ginn nëmmen nach eemol an der Woch oder - schlimmer - eemol am Mount eidel gemaach.

Duerfir ass et wichteg, de Service postal uni-versel genee ze definéieren an derfir ze suergen, dass en och esou ausgeféiert gëtt. Well wa mir éierlech sinn, da gesi mir och an, dass et fir e Postbetrieb méi rentabel ass, sech just ëm déi grouss Stied ze këmmere, an deene vill Betri-ber setzen, déi vill Postsendunge kréien, wéi ëm kleng Dierfer, deenen hir Awunner manner Postsendunge kréien.

Bis elo ass de Service postal universel ausge-féiert gi vun der Lëtzebuerg-er Entreprise des Postes et Télécommunications, also eis Post, wéi mir alleguete soen. Dat neit Gesetz vun haut gesäit vir, dass dëst och soll fir déi nächst siwe Joer de Fall sinn, also bis den 31. Dezem-ber 2019. D'Post huet bis elo d'Ausféiere vum Service postal universel doduerjer finanziert, dass si eng Monopolstellung hat fir alles, wat Services postaux réservés sinn.

An domadder sinn ech dann och bei mengem





zweete Punkt ukomm, d'Services postaux réservés. Dës Services réservés si mam Gesetz vum 15. Dezember 2000 iwwert d'Services postaux et les services financiers postaux ageféiert ginn. D'Lëtzebuerger Post huet eleng dierfen hei am Land Postsendunge bis zu engem Gewicht vun 350 Gramm asammelen, sortéieren, transportéieren a verdeelen. Dës Postsendungen hunn och misse verschidde Konditiounen um Niveau vum Präis erfüllen. Dës Services réservés ware sengerzäit agefouert ginn, fir d'Lëtzebuerger Post ze schützen virun enger allze aggressiver Konkurrenz.

Am Joer 2002 ass d'Gewiicht vun de Services réservés op 100 Gramm zrëckgaangen. An zënter 2006 sinn et nach 50 Gramm pro Postsendung, fir déi d'Lëtzebuerger Post eleng zoustänneg ass. Dëst progressivt Opmaache vum Lëtzebuerger...

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*. - Här President!

► **M. le Président**. - Jo, Här Minister.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*. - Ech wier frou, wann Der géift d'Oratrice bidden, méi haart ze schwätzen, oder déi aner lénks a riets vu mir bidden, méi lues ze schwätzen. Et ass relativ penibel fir een, deen esou wäit vum Riednerpult setzt, fir sech ze konzentréieren, wa jiddweree schwätzt.

► **M. le Président**. - Da bidden ech lech nach eng Kéier, wierklech opmierksam nozelauschten, fir datt och de Minister eppes vun der Interventioun vun der Madame Adehm matkritt. Madame Adehm, fuert virun!

► **Mme Diane Adehm** (CSV). - Mam Gesetz...

(*Brouhaha*)

► **M. le Président**. - Ech géif lech bidden, nozelauschten!

► **Mme Diane Adehm** (CSV). - Mam Gesetz, dat mir haut stëmme wäerten, falen d'Services réservés fir d'Lëtzebuerger Post definitiv ewech. Dat bedei, dass si keng Postsendunge méi huet, fir déi si eleng zoustänneg ass. Si huet also kee Monopol méi.

Also kann eis Post och net méi de Service postal universel mat dese Services réservés finanzéieren, wéi dat bis elo ënner gewëssen Émstänn méiglech war. Doduerjer ass eis Post finanziell benodelegt par rapport zu anere Betriber, déi am postalesche Beräich tätég ginn. D'Post muss schlusslech uechtert d'ganz Land Postsendungen asammelen, sortéieren, transportéieren a verdeelen. Si ass dee Betrib, deen d'ganz Land ofdecke muss a sech net just därëf op déi méi rentabel Secteure konzentréieren.

Déi aner Betriber dergéint däre sech d'Roséngen aus dem Kuch erauspicken. Well dese Service postal universel fir d'Lëtzebuerger Post risquéiert, en defizitært Geschäft ze sinn, gëtt e Fonds pour le maintien du service postal universel mam Gesetz vun haut ageféiert.

An domadder sinn ech da bei mengem drëtten Punkt ukomm, der Finanzéierung vum Service postal universel.

D'Gesetz gesäit d'Opsetze vun engem Fong vir, an deen all Betrib, deen am Segment vum universelle Postdëngscht Postservicer hei am Land ubitt, soll abezuelen, ausser d'Lëtzebuerger Post, well si soll jo de Service postal universel ausféieren. Wann d'Post nowise kann, dass si e finanziellen Nodeel huet duerch d'Obligatioun vum Service universel, ka si aus dësem Fong eng finanziell Entschiedegung kréien.

Fir d'Post ass et wichteg, dass si net hire Benefiss, dee si op hiren aneren Aktivitéite mécht, muss huelen, fir de Service universel ze finanzéieren. Mir wësse jo alleguerten, dass d'Post net nëmme Postaktivitéiten huet, mä och nach de Postscheck an d'Telekommunikatiounen.

Well gefaart gëtt, dass d'Contributiounen vun deenen anere Prestatairen net kéinten duergoen, fir d'Nettokäschte vum Service universel ze decken, hat och de Statsrot virgeschloen, de Lëtzebuerger Stat soll dësen Defizit ofdecken. D'Héichschoulkommissioun huet sech awer géint dese Virschlag ausgeschwat. Si ass der Meinung, dass de Stat net soll derfir bezuelen, an dëst scho guer net an Zäiten, an deenen de Stat selwer muss seng Ausgaben zrëckfueren.

Hei sollen déi, déi sech d'Roséngen aus dem Kuch erauspicken, deemjéinegen hëllefen, dee muss de Service postal universel ausféieren.

Mam Gesetz vun haut gëtt also e Gesetz gestëmmt, dat et engersäits der Lëtzebuerger Post erlaabt, eng ganz wichteg Roll um postalesche Maart ze spillen. Anerersäits kréien d'Benotzer vun de Postservicer weiderhin d'Garantie, dass si qualitativ héichwäerteg Servicer ugebuede kréien.

Ofschléissend ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nozelauschten.

► **Plusieurs voix**. - Très bien!

► **M. le Président**. - Merci der Madame Adehm. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (DP). - Merci, Här President. Ech wëllt och direkt aganks dem Rapporteur e grouse Merci ausschwätze souwuel fir säi schrëftleche wéi säi mëndleche Rapport. En huet och an der Kommissioun déi Aarbechten, et kéint ee scho bal soen, ganz gutt geglidert. Et huet ee gesinn, datt e sech wierklech fläisseg an och ganz kompetent an deen Dossier erageschafft hat.

Ech mengen, dat hei ass de leschten Akt vun engem Prozess, dee schonns virun iwwer 15 Joer ugaangen ass, wéi déi éischt Direktiv, d'Liberaliséierung vun de Services postaux, an de Länner vun der Europäescher Communautéit ugehall ginn ass. U sech misst een zwar eigentlech soen, ass schonns virun 20 Joer dee Prozess vun der Émwendung vun der klassescher Post zu enger Post vum 21. Jorhonnert ugaangen, well deen éischte Schrëtt, deen eigentlech gemaach ginn ass, dat war 1992, wéi d'Post, déi bis dohinner eng staatlech Verwaltung war, en Établissement public ginn ass an och eng Autonomie financière an administrative kritt huet.

D'Direktiv, déi mer also haut transposéieren, ass déi lescht Etapp an engem laange Wee oder déi lescht Etapp, wou mer och schonns eng Etapp haten 1997, wou eigentlech déi éischt Well vun der Liberalisatioun vun de Postservicer komm ass. Deemoos war dat, mengen ech, nach ënnert der Madame Delvaux. An haut ass also dann déi lescht Etapp.

Déi Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, déi staamt aus dem Joer 2008. Do ass se ugehall gi vum Conseil a si hätt eigentlech misse bis 2010 ëmgasat ginn. Et war awer d'Méiglechkeet an der Direktiv virgesinn, fir sech en Délai erauszuschloen. Lëtzebuerg hat dat och gefrot. Mir kruten dat och accordéiert. A mir hunn awer da misse bis eben haut, net haut, mä bis den 31. Dezember dëst Joer misse mer dat dann awer och maachen, wat mer jo dann haut de Mëtteg och wäerte maachen.

Et ass och während all deene Joren, an dat gëllt och haut nach, vill Wäert drop geluecht ginn, datt d'Qualitéit vum Service postal universel garantéiert bleift. Duerfir behält och d'Post vun deem Moment un, wou dës Direktiv a Kraaft ass, d'Obligatioun oder d'Recht, loosse mer et emol esou soen, jee wéi een et gesäit, fir déi nächst siwe Joer de Service postal universel ze assuréieren.

Ech wëll elo net weider op dee ganze Volet, do kéint ee ganz vill a laang diskutéieren, mir hunn dat zum Deel och an der Kommissioun gemaach, iwwert dat, wat de Service postal ass, agoen. Ee Punkt oder zwee Punkte wëllt ech just erausgräifen. Dat sinn och déi, déi mer e bësselche méi laang an der Kommissioun diskutéiert hunn.

Dat eent war déi Fro, ob een de Postservice och soll op samschdes ausdehnen. Ech mengen, d'Regierung oder de Postminister Biltgen wollt dat onbedéngt. Et war awer esou an der Kommissioun, ech géif soen, praktesch all d'Membere vun all de Fraktiounen haten do awer éischter Problemer domadder.

Och dobaussen um Terrain d'Bréifdréier, déi éischt Concernéiert, déi dat jo dann hätte misse maachen. Awer och de Lëtzebuerger Client am Endeffekt. Wann ee mat de Leit dobausse schwätzt, ass et wierklech keng grouss Demande, fir och samschdes nach de Courrier ze hunn. Et ass einfach esou, datt d'Leit gewinnt sinn, datt samschdes a sonndes keng Post do ass an datt se och vläicht wëllen hir Rou hunn, keng Rechnungen aus der Bréifkëscht wëllen huelen. Bref, et ass eigentlech, mengen ech, hei zu Lëtzebuerg keng reell Demande do.

Ech mengen, och d'Gewerkschaften, d'Chambre de Commerce, d'Post selwer hunn doranner keng Plus-value gesinn. Et kascht och méi, wéi et bréngt. Et ass och scho virdru gesot ginn a verschidden Avisen, ech mengen vun deem vum der Post, datt dat souguer zousätzlech Fraisé fir d'Post bruecht hätt vu ronn néng Milliounen d'Joer. Mir sinn eigentlech frou, datt also och d'Kommissioun sech hei emol eng Kéier géint d'Regierung konnt duerchsetzen an et also bei deene fënnf Deeg bliwwen ass.

Et sinn och eng Rei Froen oder Froen op alle Fall, wat de Finanzement vum Service postal ubelaangt, déi net ganz kloer sinn. Ech mengen, et ass esou, datt d'Services réservés et erlaabt hunn, den eventuellen Defizit, deen aus dem Service universel entstanen ass, ze kompenséieren. Bon, wann elo déi Méiglechkeet ewechfält, da muss ee kucken, wéi een dat ka géigefinanzéieren. An et ass jo och de Moment net ofzegesinn, wéi sech dee Secteur an Zukunft wäert entwéckelen, ob zum Beispill dann de Courrier électronique dee klassesche Schrëftverkéier vläicht eng Kéier ganz wäert ersetzen.

Mir hunn elo e Fong am Gesetz ageschriwwen. Et kann een awer keng prezis Projektione maachen, wéi vill de Service postal wäert an Zukunft kaschten. Et weess een also net, ob dee Fong wäert duergoen, fir eventuell en Defizit ze begläichen. Wann et net sollt duergoen, wie bezilt dann d'Differenz?

Ech mengen, an der Kommissioun hu mer gesot, och de Postminister huet gesot, datt do de Stat dat net wëllt iwwerhuelen. Do bleiwen also da Froen op, wann herno en Defizit wier oder net genuch Suen do wieren, wéi dat da géif weidergoen.

Wa mer vun de Postservicer hei zu Lëtzebuerg schwätzen, wëllt ech nach en anere Punkt opwerfen. Dat ass dee vun de Postbüroen. Wann der effektiv, dat hu mer jo an deene leschte Jore gesinn, ëmmer méi zougemaach ginn, wann der also manner gebraucht ginn, fir den universelle Postdëngscht ze garantéieren, dann ass et jo awer esou, datt awer nach aner Aktivitéiten an deene Postbüroen oflafen, ëmmer méi zu, wat ee ka soen, Finanzservicer, wou een dat da ka maachen. Dat ass jo och e Service vun der Post.

An dat heescht, jo: Ass do och dann eng Virstellung, wéi datt soll an Zukunft geschéien? Ob dann nach weider awer Postbüroen zougemaach ginn oder awer de Stand vun elo, weinstens datt dat wäert awer, géif ech soen, net weider Büroen zougemaach ginn.

Oder ass awer d'Virstellung, datt och zum Beispill d'Services financiers an Zukunft wäerte ganz aus de Postbüro verschwannen? Datt mer keng Postbüro méi hunn an datt dann och zum Beispill dat alles digital oder iwwer Internet gemaach gëtt? Vläch kann de Minister eis herno kuerz dorobber Opschloss ginn.

Här President, ech komme schonn zum Schluss. Ech mengen, dee Projet de loi, dee mer haut stëmme, do gi mer also déi lescht Etapp um Wee vun der Post an d'21. Jorhonnert. Wat op alle Fall ënnert dem Stréch muss erhale bleiwen, dat ass, datt mer eis hei zu Lëtzebuerg och an Zukunft op en effizienten an e gutt funktionéierende Postdëngscht am Service vun de Bierger musse verlosse kënnen.

D'Gesetz, d'DP kann deem zoustëmme. Dat ass eng Virlag, fir datt mer an Zukunft nach en effiziente Service hunn. Mä d'Praxis muss dat an den nächste Jore weisen, ob se dann och dat erfüllt, wat mer hei am Gesetz dovunner erwaarden. Dat gesot also den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **Une voix**. - Très bien!

► **M. le Président**. - Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Haagen agedroen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen** (LSAP). - Merci, Här President. Här President, Här Minister, Dir Damen an Dir Hären, fir d'Éischt géif ech gären dem Här Rapporteur, dem honorabelen Deputéierten Norbert Hauptert, villmools Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Dëse Projet de loi baséiert op enger EU-Direktiv, dat ass scho gesot ginn, déi Lëtzebuerg bis den 1. Januar 2013 also muss ëmsetzen, dëst nodeems mir mat verschiddenen anere Länner een zousätzlechen Délai accordéiert kritt hunn. D'Virriedner, denken ech, si schonn op dese Punkt agaangen.

Zum Projet selwer: De Projet de loi ass de 14. Juli 2010 deponéiert ginn. An de Statsrot huet säin Avis den 13. Juli 2012 ginn. Dat si bal op den Dag genau zwee Joer. Eng Zäitspan, kann ee soen, déi dësem Projet de loi net grad guttgedoen huet, déi och d'Aarbechten an der Kommissioun e bësse freinéiert huet. Déi Aarbechten hunn also ugefaangen ouni den Avis vum Statsrot, an dat nach ënnert der Présidence vum verstuerwene Kolleg Lucien Thiel.

De But vun dësem Gesetzesprojet ass déi komplett Ouverture vun de Postservicer. An am Artikel 19 vum Projet de loi ginn d'Konditiounen vum sougenannte Service postal universel definiert. Et sinn dëst d'Levée, den Tri, den Acheminement an d'Verdeelung vun den Envois postaux bis zwee Kilo a vu Päck bis zéng Kilo, d'Verdeelung vu Päck aus anere Länner vun der EU bis 20 Kilo souwéi déi ageschriwwen Envoien an d'Envois à valeur déclarée. Dat ass och scho gesot ginn.

Ech wollt dat awer soen, well d'EU-Direktiv och e sougenannte Prestataire vum Service postal universel virgesäit, dee bei eis am Land bis 2019, also wéi och elo schonn, d'Post offéiert, mä duerch dëst Gesetz gëtt d'Post ganz einfach bestëmmt an obligéiert, fir dese Service universel postal unzebidden.

Iwwregens ass dës Obligatioun näischt Neies, well d'Obligatioun vum Service universel war der Post schonn iwwert d'modifizéiert Gesetz vum 15. Dezember 2000 am Artikel 17 impo-

séiert ginn. No dësem Zäitraum, also no 2019/2020 kann ee soen, kann dann all Entreprise eng Autorisatioun beim ILR ufroen, fir de Service universel postal kënnen ze offréieren, muss awer natierlech och d'Konditiounen an d'Obligatiounen vum Service postal universel kënnen garantéieren. Aner Prestatairë kënnen am Kader vun dësem Gesetz an och vun dëser EU-Direktiv awer och nëmme verschidde Servicer vum Service postal universel ubidden.

Wat definéiert dann elo de Service postal universel? De Service postal universel garantéiert am Prinzip d'Levée an d'Verdeelung vum Courrier bei d'Leit an d'Entreprises, also bei d'Clients, an dëst all Jours ouvrables an an all Géigende vum Land, am Sënn vun engem Service d'intérêt général. Ech denken, datt dat fir Lëtzebuerg wichteg ass.

Wann de Service postal universel no 2020 vun enger oder verschiddenen Entreprises ugebuede gëtt, déi dann awer och natierlech mussen eng Autorisatioun vum ILR hunn, dann ass et kloer, datt dës Konditiounen an Obligatiounen musse garantéiert an erfüllt sinn a bleiwen.

Eng vun dësen Obligatiounen ass awer och an dësem Projet de loi ganz kloer, nämlech d'Abezuelen an ee Fonds de compensation, fir den Defizit, deen duerch d'Obligatioun vum Service universel postal kann entstoen, fir dësen Defizit eben ofzedecken. D'Abezuelen an dese Fong, wien an dese Fong wéini a wéi vill abezilt, huet schonn zu villen Diskussiounen gefouert, notamment och an der zoustänneger Kommissioun.

D'EU-Direktiv gesäit verschidde Méiglechkeete vir, fir de finanzielle Risiko vum Prestataire vum Service universel opzefänken. De Stat kann dësen Defizit zum Beispill iwwert de Statsbudget iwwerhuelen. Dat ass schonn ugeklongen. Statsbudget a Fong kënnen zesumme bestoen oder, wéi an dësem Fall, nëmmen iwwer ee Mechanismus vun engem spezielle finanzielle Fonds, Fonds de compensation, deen iwwert d'Prestatairë vum Service universel postal an iwwert déi Entreprises, déi Dealer vum Marché vum Service universel ubidden, gespeist gëtt.

Vu datt d'Post iwwert dese Projet de loi obligéiert gëtt, de Service universel unzebidden, brauch si net an de Fonds de compensation anzebezuelen. Dat ass nëmmen de Fall, wann d'Autorité nationale de régulation, also den ILR, de Prestataire vum Service universel bestëmmt oder déi néideg Autorisatiounen ausstellt.

Vum 1. Januar 2013 u mussen also nëmmen d'Entreprises an de Fonds de compensation abezuelen, déi verschidde Servicer, déi ënnert de Service universel postal falen, ubidden. De Fonds de compensation ass also do, fir den Defizit, wéi gesot, deen duerch de Service postal universel do géif entstoen, fir deen opzefänken an ze kompenséieren.

Wéi vill ass dann de Käschtepunkt vun deem sougenannte Service universel postal? Dat ass jo de Moment ganz schwéier ze schätzen a virzegesinn. De sougenannte Postmarché orientéiert sech momentan ganz nei, an deen, deen an dësem Fall bestëmmt, ass ganz sécher och de Client.

Eng Etüd, déi am Opdrag vun der EU-Kommissioun gemaach ginn ass, weist op déi speziessche Lëtzebuerger Situatioun hin. De Lëtzebuerger Marché ass fir déi nei Prestatairen interessant, well den Territoire kleng ass. Des Weideren ass d'Zuel vun den Envois pro Persoun a pro Joer eng vun deenen héchsten an der EU. Dat huet mam Émfang vum beruffleche Courrier ze dinn, notamment vun de Banken an den Assurancen. Sou maachen déi honnert gréisste Clientë ronn 70% vum Marché aus. Mir hunn also zu Lëtzebuerg hei e lukrative Marché. An duerfir ass et ëmsou méi wichteg, datt mer oppassen, datt dese Konkurrenzkampf net op d'Käschte vum traditionellen, leider onlukrative Service public universel geet.

Här President, aus villen Avisen, ënner anerem vum Statsrot, vum Conseil de la concurrence souwéi vun de Beruffschamberen, geet ervir, datt den Defizit vum Service postal universel, am Fall wou déi finanziell Capacitéit vum Fonds de compensation net duergeet, vum Stat iwwert de Statsbudget sollt absorbéiert ginn. D'Regierung ass net dëser Meinung. An d'Kommissioun huet sech schlussendlech, no Diskussiounen, och der Meinung vun der Regierung ugeschloss a festgehalen, datt den Defizit net vum Statsbudget sollt gedroe ginn.

Erlaabt mer awer an dësem Kontext e puer Froen. Wat fir eng Entreprisë bezuelen da vun 2013 bis 2019 an de Fonds de compensation an? De Montant, dee si mussen abezuelen a





dee vum ILR kontrolléiert gëtt, orientéiert sech um Chiffre d'affaires vun desen Entreprises. Elo ass et awer esou, datt d'Post als Prestataire désigné net an de Fonds de compensation abezilt an awer deen allergréissten Deel vum Service universel wäert assuréieren, dee leider net lukrativ ass. Et ass net kloer, ob déi aner Entreprises, déi nëmmen een Deel vum Service universel iwwerhuelen, en Émsaz maachen, deen héich genuch ass, fir de Fonds de compensation genuch ze fëllen.

Elo stellt sech d'Fro dann, wien déi Käschte bis 2019, wann dat de Fall sollt sinn, iwwerhëlt. Wat fir eng Entreprise huet schonn en Intérêt, e Marché no 2019 ze iwwerhuelen, wann de Fonds de compensation eidel ass a soss keng Garantien do sinn, wann de Service postal universel defizitär ass?

Eng aner Fro ass: Mudde mer eiser Lëtzeburger Entreprise publique Post finanziell net ze vill zou, wann ech nieft dem Coût historique entre autres un Investissement vum Télécomsystème mat ronn 200 Milliounen denken? Risquéiert dës Politik sech net um Réck vum Client auszeféieren, wann de Kompensationsfond senger Aufgab net ka gerecht ginn? Ech weess, dëst si Froen, wou et schwéierfält, an deem Stadium eng kloer a konkret Äntwert ze ginn. Dat ass Neiland fir eis, wéi den Här Minister Biltgen an där zoustänneger Kommissioun dat och gesot huet.

Dir Dammen an Dir Hären, a well dëst Gesetz schonn esou vill Neierunge mat sech bréngt, war an ass et der LSAP-Fraktioun hir Meenung, fir op eng wichteg Neierung vum Gesetzesprojekt ze verzichten, nämlech d'Distributioun vum Courier postal vu fënnf op sechs Deeg auszubauen. Den Här Berger huet et scho gesot: Dëst hätt nieft dem héije Käschtepunkt vu ronn néng Milliounen Euro pro Joer fir dës supplémentaires Dag, och dës supplémentaire Distributioun, fir déi ze garantéieren, och nach zu zousätzleche sozialen a logistesche Problemer a Froen, wat d'Personal an d'Material ubelaangt, gefouert. Iwwregens hu mer jo och nach de Mechanismus vun de Boîtes postales an dem Courier express vu private Firmaen.

Et muss ee sech och eigentlech, an déi Fro ass och scho gestallt ginn, d'Fro stellen, wann de Courier samschdes ausgedroe gëtt, wat fir ee Courier da schlussendlech nach beim Client méindes soll ukommen. Den Avis vun der Kommissioun a vun etleche Berufschambere war, fir d'Distributioun an d'Levéie op fënnf Deeg ze loossen, also net der Proposition vun der Regierung nozekommen. Dat ass och elo esou am Projet de loi virgesinn.

Här President, dës ganzen Dossier vun der Liberalisatioun vum Postmarché gëtt och bei de Gewerkschaften an natierlech beim Postpersonal diskutéiert. Am Regierungsprogramm vun dëser Koalitioun steet: «En ce qui concerne le marché postal, il appartient aux partenaires sociaux de s'accorder au préalable sur une convention collective sectorielle pour la distribution postale.» Dës Projet de loi muss also mat der Ausaarbechtung vun engem Kollektivvertrag fir de Secteur an also och fir d'Post zesumme behandelt ginn.

Duerfir meng Fro un d'Regierung, ob si eis kéint soen, wou d'Négociatiounen vum Kollektivvertrag dru sinn. Ech denken...

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Dat ass d'Regierung net. Et ass net d'Regierung, déi dee Kollektivvertrag ausschafft.

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Dir wësst awer vläicht, wou d'Négociatiounen dru sinn. Da kënnt Der dat vläicht awer soen.

Ech denken, datt et nëmmen normal ass, datt mer mussen oppassen, datt et net zu engem Outsourcing an deem Domän, zum Beispill beim Personal, kënnt, zum Beispill am Tri an am Affranchissement, fir d'Rentabilitéit vum Service postal universel ze erreechen.

An deem Kontext géif ech nach gären eng Kéier op de Courier express agoen. Ech vermessen hei déi néideg Definitioun. Dat hunn ech an der Kommissioun och scho gesot.

Fait ass, datt de Courier express net ënnert de Service postal universel fällt an domadder déi Firmaen, déi esou ee Service offréieren, och net an de Fonds de compensation anzebeziele brauchen. Iwwregens brauchen dës Firmae keng Autorisatioun vum ILR, mä eng Notifikatioun geet duer.

An eise Käpp ass de Courier express ëmmer méi deier a méi schnell wéi den normale Courier. Mir hunn den Term awer net definéiert, soudatt ee kann hoffen, datt de Courier ex-

press och ëmmer, wéi elo, wäert zu deeneselwechte Konditiounen funktionnéieren. Wann dat net de Fall ass, muss d'Konkurrenzrecht wierken, an den ILR muss sech mam Term „degré suffisant d'interchangeabilité“ vum Artikel 26 Alinéa 2 auserneeetzen. Dëst an deem Sënn, datt dës Entreprises och obligéiert misste ginn, an de Fonds de compensation anzebezuelen.

Zur Diskussioun an zu enger Opposition formelle vum Statsrot huet och d'Aart a Weis gefouert, wéi d'Fonctionnementskäscht vum ILR sollte finanziert ginn. Den ILR ass, wéi gesot, d'Autorité de régulation indépendante vum Marché vun de Services postaux. Mir hunn déi eng Säit ee Fonds de compensation, deen den Defizit vum Prestataire oder vun de Prestataire vum Service postal universel soll iwwerhuelen, an déi aner Säit d'Fonctionnementskäscht vum ILR, zum Beispill fir all Notifikatiounen an d'Autorisationsprozeduren, awer och fir de Marché postal ze iwwerwaachen an ze reguléieren.

D'Gesetz gesäit vir, datt d'Prestaire vum de Services postaux, also déi keng Servicer vum Service postal universel ubidden, mussen zu de Fonctionnementskäscht vum ILR bäidroen. Dat schéngt och logesch, well eng Iwwerwachung vun den Notifikatiounen a vun de Services postaux wichteg ass, fir feststellen, ob d'Prestairen net och Servicer ubidden, déi ënnert de Service postal universel géife falen. An deem Fall mussen dës Entreprises, wéi gesot, an de Fonds de compensation abezuelen.

De Statsrot war mat dëser Argumentatioun vun der Kommissioun an der Regierung och d'accord.

An deem Kontext ass et awer nach wichteg ze ënnersträichen, datt nëmmen de Chiffre d'affaires betruecht gëtt, dee vum Secteur vum Postservice ervirgeet, fir an de Fonds de compensation anzebezuelen. Esou kann et zum Beispill net sinn - an och, ech mengen, d'Madame Adehm -, datt bei der Post och den Émsaz vum Secteur vun der Telekommunikatioun betruecht gëtt, well dat dozou gefouert hätt, datt dee méi lukrativen Telekommunikationssektor d'Defizit vum Postsektor hätt missen decken.

Dir Dammen an Dir Hären, am Groussen a Ganze kann ee soen, datt d'Iwwerleeungen an d'Recommandatiounen vun de Gewerkschaften an de Chambres professionnelles an dës Projet de loi mat agefloss sinn. Fir eis als LSAP ass et wichteg, datt mer mussen e Service public an deem Gesetz weider offréieren. Duerfir ass mat deem Gesetz och d'Post als Prestataire vum Service universel postal bis 2019 bestëmmt ginn. Mat dem Mechanismus vum Service universel ass et fir eis primordial, fir datt mer den Iwwergang op 2020 an doriwwer eraus eis traditionell Post net zerstéieren.

Mir sinn der Meenung, datt d'Notioun vum Service public, deen hei zu Lëtzebuerg vun der Post garantéiert an offréiert gëtt an dee bei eis historesch gewuess an néideg ass, wichteg ass. Mir hunn am Kader vun, zum Beispill, der Liberalisatioun vum Telekommunikationssektor dës Secteur, zum Beispill, nei opgestallt, dëst op Drock vun enger ëmmer méi staarker Konkurrenz an ëmmer méi performanten Technologien. An dës Secteur ass och gutt opgestallt. Eist klengt Land brauch eng staark Entitéit P & T, also Post, an duerfir ass et och gutt, datt mir dës zwee Secteuren an enger öffentlecher Entreprise zesummegelees hunn.

Mir wëllen an deem Dossier keng wëll Liberalisatioun. D'Virdeeler vum Service public mussen fir jiddwereen an iwwerall zu Lëtzebuerg bestoe bleiwen. Fir dëst ze realiséieren, mussen mir eng virsiichteg Politik beim Opmaache vun der Entreprise publique P & T maachen, awer dëst ëmmer am Sënn an an der Garantie vun engem Service d'intérêt général.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Haagen. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci fir d'Éischt eise Rapporteur, dem honorabelen Här Norbert Hauptert, dee souwuel en exzellente schrëftleche wéi mündleche Rapport vun deem Projet de loi hei gemaach huet.

Et ass scho villes gesot ginn. Ech mengen, de Service postal universel ass méi wéi eng Kéier erkläert ginn. Ech hunn dem Här Haagen seng Froen, och wat de Courier express ugeet, ganz interessant fonnt. Ech freeë mech da mat him op d'Äntwerte vum Här Minister, wéi mer dat wëllen ausereneenhalen. Et mécht mir et méi einfach, ech kann e bësse méi allgemeng och iwwert d'Philosophie vun deem Gesetz an iwwert d'Entwécklung am Postwiesen agoen.

De 14. Juli 2010 ass de Projet de loi déposiert ginn an et huet da bis haut gedauert, ier mer dëst Gesetz kënne stëmmen. Et hat also zwee an en halleft Joer gedauert, bis déi néideg Avisen do waren an den definitive Projet elo virläit, dee mir dann haut wäerte stëmmen. Domat setze mer dann d'EU-Direktiv 2008/6 ëm. Mir haten, grad wéi zéng aner EU-Memberstaaten, d'Recht kritt, fir déi Direktiv net scho misse 2010 ëmzesetzen, mä fir se eréischt zwee Joer méi spéit, an zwar den 31. Januar dëst Joer, misse ëmzesetzen.

Ech mengen, datt d'Chamberskommissioun déi Zäit gutt genotzt huet. Mir hu ganz vill Avisen erakritt, an ech mengen och, datt mer op déi Avisé praktesch allegueren agaange sinn an datt mer all déi Ufuerderungen, déi un eis erugedroe gi sinn, praktesch konnten erfëllen. Et gëtt elo héich Zäit, datt mer dëst Gesetz stëmmen, well soss riskéiere mer, eng Strof ze kréie wéinst Netëmsetzung vun enger EU-Direktiv.

Mat dem Gesetz vun haut iwwert d'Services postaux féiere mer dann déi ganz Rei vu Bestriewungen zu Enn, fir de Postsektor ëmmer méi ze liberaliséieren. Dee méi wéi 150 Joer ale Monopol vun der Lëtzeburger Post fir d'Ausdeele vun de Bréiwer an de Postkaarte geet zu Enn, och wa mer der Post de Service universel bis 2020 mat deem Gesetz zousprieche.

Et freet ee sech natierlech, wéi sënnvoll datt d'Liberaliséierung vun der Post ass, besonnesch fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg. D'Postservicer hunn zu Lëtzebuerg eigentlech ëmmer gutt funktionéiert a ware relativ präiswäert, op alle Fall fir de Privatmann. An esou ass et och kaum de Privatmann, dee vun der Liberaliséierung profitéiert.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Bei der Post huet villes changéiert. Wann de Bourville nach an de 50er Joren a sengem Lidd «Tiens, voilà le facteur!» gesongen huet:...

(*Hilarité*)

«Dans chaque village, on connaît l'facteur. C'est un personnage qu'on porte dans son cœur.», dann ass haut net méi vill vun där Nostalgie vum Bréifdréier iwwreg.

De Bréifdréier vun haut steet ënner Zäitdruck. Seng Gesté ginn ähnlech geplangt an organiséiert wéi déi an der Fleegeversécherung.

Moies muss de Bréifdréier eng strikt Reiefolleg anhalen, wéi e säi Courier zesummentellt. Fir d'Éischt verdeelt hien déi virsortéiert Bréiwer a seng Casen, dann déi grouss Plien, dann d'Zäitschrëften, duerno d'Recommandéieren an d'Reklammen. Dat ërënnt un den Taylor a seng Theorie vum Scientific Management. Den Taylor huet jo schonn um Enn vum 19. Jorhonert probéiert, duerch d'Observatioun an de Chronometrage vun eenzelnen Aarbechtschrëtter d'Aarbecht op eng méiglechst rationell Aart a Weis ze organiséieren. Dat ass him och op ville Plaze gegléckt, huet awer och, an ech mengen, zu Recht, den Onmutt vun de Gewerkschaften provoziert.

D'Leeschungsverhale vum Eenzelne gëtt och vun de Relatiounen ënnert den Eenzelne bestëmmt an och vun de Relatiounen mam Chef oder der Chefétage beaflosst. Et mécht scho Sënn, iwwer eng effikass Aarbechtsorganisatioun ze diskutéieren, mä de Salarié kann a sengem Wierken net als Maschinn betruecht ginn.

Mä net nëmmen de Bréifdréier, och de Client huet vill Ännerungen, wat d'Post betrëfft, materlief. De Bréifdréier därerf eigentlech keng Bréiwer méi vun de Leit op sengem Tour unhuelen. Dat ass op den Dierfer alt nach vill gemaach ginn, mä dat kascht ze vill Zäit, déi net an der Tournée mat ageplangt ass.

No der éischer Reorganisatioun vun der Post, déi jo net ganz glécklech war, war vill Duerjereen. D'Bréifdréier hunn oft gewiesselt, d'Zäit, wou d'Post kënnt, huet fir vill Leit changéiert, et si verschidden Tier organiséiert ginn, ee fir d'Zeitung, ee fir d'Bréiwer, ee fir d'Reklammen an ee fir d'Päck.

Dat hat souguer eisen honorabelen an onermiddleche Marcel Oberweis dozou verleet,...

► **Plusieurs voix**.- Ooohhhh!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- ...no der Ökobilanz an den CO<sub>2</sub>-Emissiounen vun där neier Strategie ze froen.

(*Interruptions*)

De Minister hat dropshi verséichert, datt d'Postentreprise sech scho géif Suergen ëm d'Ëmwelt an d'Nohaltegkeet maachen. D'Post keeft grénge Stroum, passt bei hirem Fuerpark op de Verbrauch op a schafft drun, den „ecological footprint“ vun der Entreprise kleng ze halen.

Dat ass jo schéin a gutt, a mat der zweeter Reorganisatioun ass och scho munches besser ginn. Den interessante Phenomeen, datt zwee

Postautoen sech net aus de Féiss kommen, de Bréifdréier mam Courier an de Michel-Greco-Auto, dee mat Päck hannendruift, deen ass awer nach net ganz aus der Welt geschaf.

Mir schafen also haut dee leschte Service réservé vun der Post of, Liberaliséierung total. déi gréng sprangen dowéinst net vu Freed an d'Luucht, eis Begeeschterung hält sech ferme a Grenzen.

(*Brouhaha*)

Och der Regierung hir Begeeschterung hat sech a Grenze gehalen. Si hat sech esou laang, wéi et nëmme méiglech war, géint déi Liberaliséierung gewiert. Mir waren eent vun deenen zwee Länner, déi sech den 1. Oktober 2007 géint eng Ouverture vun de Postservicer ausgeschwat haben.

Historesch gesi léisst sech de Postmonopol a praktesch allen europäesche Länner wuel do-duerch erklären, datt den eenzelne Bierger ee Recht zougestane kritt huet, vun esou engem Service d'ärfen ze profitéieren, an datt de Stat eigentlech deen Eenzege war, deen et fäerdigbruecht huet, esou ee Service ze organiséieren. Et war also och eng Garantie an e Schutz duerch de Stat viru Willkür.

Haut menge mer jo dann an Europa, mir missten de Bierger virum Stat schützen, den Afloss vum Stat misste mer zréckdrécken, well déi fräi Konkurrenz um Marché besser Resultater fir d'Leit géif bréngen. Oder sinn eis déi kleng Leit egal? Denke mer net vläicht just un déi grouss Clienten, déi sech effektiv op engem fräie Maart besser Konditiounen aushandele kënnen, wéi dat bei engem staatleche Monopol de Fall wier?

An et sinn déi grouss Clienten, déi haut kënnen d'Konditiounen diktéieren. Ech zweifelen zum Beispill net drun, datt Amazon haut esou e grouse Client ass, datt dee Betrib, deen esou ee Client wéi Amazon huet, alles drusetzt, fir dee Client ze halen. A wann een esou ee Client verléiert, da fällt villes zesummen.

Wa mir dann elo op de Wee vun der totaler Liberaliséierung musse goen, dann ass et wichteg, dee kleng Client vun de Postservicer ze schützen. Duerfir schafe mer e Service universel, deen eng Mindestprestatoun fir all Mënsch garantéiere soll, och fir déi Leit, déi am ländleche Raum liewen, och fir déi Leit, déi relativ seele vun der Postoffer Gebrauch maachen.

De Minister hat gemengt, de Service misst sechs Deeg an der Woch funktionéieren. Mir waren alleguer der Meenung - dat ass och elo hei vu praktesch jiddwerengem gesot ginn -, fënnf Deeg an der Woch géif duergoen, an duerfir stinn am Gesetz, wat mer haut stëmmen, och fënnf Deeg.

Iwwert d'Postbüro steet näischt an eise Gesetz. Et hätt ee jo eventuell och kënne festhalen, datt pro x Awunner och ee Postbüro misst sinn. Dat wier allerdéngs eng ganz komplizéiert Geschicht ginn. E Postbüro huet jo eng ganz Rei Aufgaben, déi wäit iwwert de Service universel erausginn. A well de Service universel jo och muss finanziert ginn, wier et da schonn eng zimlech komplizéiert Aufgab ginn, wéi een Deel vum Postbüro géif ënnert de Service universel falen a wéi een Deel zum Beispill ënnert de Service financier oder soss eng Déngscht-leeschung géif falen.

Et ass also an eisen Ae korrekt, keng Zuel vu Postbüro festzehalen. Mir sollten eis awer bewusst sinn, an ech denken dobäi virun allem un déi vill Député-mairen, déi heibanne sinn, datt d'Zuel vun de Postbüroen an Zukunft risquéiert dramatesch erofzegoen. Vläicht kritt dann deen een oder aneren Député-maire virgehäit, datt sech net hei an der Chamber fir eng Mindestzuel vu Postbüroen agesat gëtt, zumindest dee Moment, wou a senger Gemeng soll e Postbüro ofgeschaf ginn.

Wéi gesot, de Service universel muss och finanziert ginn. Duerfir gëtt ee Fong geschafen, dee vum Institut Luxembourgeois de Régulation, dem ILR, géréiert gëtt. D'Fro stellt sech, an och hei huet den Här Haagen ganz prezis gefrot, ob genuch Prestatairen um Marché sinn, fir an dee Fong anzebezuelen, ob do genuch Gelder zesummekommen, fir een eventuell defizitäre Service universel ze finanzéieren. An ech sinn och gespaant drop, wéi eng Firmen dann elo schlussendlech zu Lëtzebuerg an deenen nächste Joren an dee Fong abezuelen.

Et ass am Moment schwéier ofzeschätzen, ob esou ee Service defizitär géit. D'Post seet eis, datt de Marché vum Bréifverkéier vu Joer zu Joer méi kleng gëtt. Muss dat esou weidergoen? Brauche mer op eemol kee Bréifdréier méi? Ech sinn do net esou pessimistes. Ech mengen, datt och an Zukunft nach Bréiwer verschéckt ginn. Verschiddenes wäert verschwannen oder ass scho verschwonnen, wéi zum Beispill en Deel vun de Bankextraiten. Aner Produkte ginn nei erfonden, wéi zum Beispill de personaliséierte Reklammsbréif.





Recommandéen, déi jo net zum Service universel gehéieren, sinn iwwregens leider net um Ausstierwen. Besonnesch elo, zënter datt eng ganz Rei Leit och hei zu Lëtzebuerg ufänken, d’Kris ze spieren, ginn erëm ganz vill Recommandéen ausgedeelt.

Iwwert déi wichteg Roll, déi den ILR mat dësem Gesetz zougestane kritt, huet de Rapporteur geschwat an ass och schonn hei geschwat ginn, esou datt ech zum Schluss vu mengen Ausféierung kommen.

Här President, mir waren net Demandeur fir dëst Gesetz, och wann et fir eng Rei Länner verständlech ass, datt se sech méi Konkurrenz gewënscht hunn. Ech ka mech nach gutt drun erënneren, wéi schlecht d’Post zum Beispill a Spuenien virun der Liberaliséierung fonctionnéiert huet. E Pak ass a Spuenien ukomm oder en ass net ukomm. Eng Kaart aus der Vakanz huet ouni Weideres dräi Woche gebraucht, bis se an der spuenescher Bréifboîte war.

Mä ech ka mech awer och nach gutt erënneren, wéi an Däitschland op eemol praktesch iwwer Nuecht eng gewaltig Konkurrenz zur Post opgebaut ginn ass, déi just mat der Aféierung vun engem sektorielle Mindestloun konnt gestoppt ginn. Liberaliséierung ass oft eng Gefor fir sozial Acquisen, an déi Gefor besteet och zu Lëtzebuerg.

Domat, léif Kolleegen an Kolleginnen, bréngen ech, wann och ouni Begeeschterung, den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz, wou mer mengen, datt ënnert den Ëmstänn, déi mer imposéiert kritt hunn, dat Beschtdraus gemaach ginn ass.

Ech soen Iech Merci fir d’Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, fir d’Éischt e ganz grouse Merci un den Här Hauptert fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht, deen exzellent war. Ech brauch net vill hei ze schwätzen, well den Här Adam huet meng Ried virgelies.

(Hilarité)

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Wéi dann?

► **M. Jean Colombero (ADR).**- An duerfir...

► **Une voix.**- Elo wësse mer, wou de Wee hiféiert.

(Interruptions et hilarité)

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Här Meisch, ech hu schonn eng gréng Krawatt un!

► **Une voix.**- Wien hätt dat geduecht?

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Wien hätt dat geduecht?

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Dat gesot, mir hunn do och eng gewëssen Nostalgie vum ale Bréifdréier. An, Här Minister, d’Fro, déi ech Iech stellen: Wou ass de gudden ale Bréifdréier higaangen? Ech ka mech erënneren...

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Net bei d’ADR!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Déi hutt Dir 2001 als ADR probéiert ofzeschaffen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...Partei, déi wollten d’Liberaliséierung!

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- En ass jo net méi dran! En ass jo net méi dran!

► **Une voix.**- Net esou nervös, Här Biltgen.

► **M. le Président.**- Hei, lauschtert wann ech gelift dem Här Colombero elo no!

(Interruptions)

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Här Minister, dat heite war eng rhetoresch Fro.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Lauschtert dem Här Colombero no. Ech mengen, deen hält eng gutt Ried de Mëtteg.

(Hilarité)

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Här Minister, dat hei war eng rhetoresch Fro! Dat war keng direkt Fro.

(Interruption)

Mir hunn eng gewëssen Nostalgie vum Bréifdréier. Fréier ass e mat sengem Weenchen duerch d’Duerf gerannt. En huet d’ganz Duerf kennt. En ass bei d’Leit gaange mam Kalenner, mat der Post, mat de Päckelcher, mam Kannergeld. Et kann ee sech erënneren un déi kleng Pabeiersfatzen, déi en hat. En ass bei d’Bom komm mat der Rent. En huet eng Taass Kaffi gedronk. Dat war eng Nostalgie.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- An eng Drëpp!

► **M. Jean Colombero (ADR).**- An eng Drëpp. Neen, eng Drëpp huet en net gedronk, well soss wier en awer voll gewiescht.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- An nach e Stéck Kuch giess!

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Hautdesdaags ass dat net méi de Fall. Ech mengen, munch Dierfer wiesselen de Bréifdréier esou wéi munch ee vun eis seng Frëndin, hein.

(Hilarité)

E kënnt an enger Nacht- und Nebelaktioun! An et misst ee vläicht eng Kéier, wann een awer esou fair wier, fir an der Post eng Kéier eng Etüd ze maachen, wéi d’Akzeptanz bei de Leit ass. Ech mengen, do géif vill erauskommen. Ech mengen, wann de Bréifdréier eng Kéier un der Dier schellt an no 30 Sekonnen ass keen do, da läit een Ziedel an der Bréifboîte an d’Persoun kann hire Bréif an d’Post siche goen oder och bei déi associéiert Firmen. Déi hunn emol keng Zäit, fir ze schellen, déi setzen direkt de wäissen Ziedel an d’Bréifboîte. Dat muss ee sech virstellen.

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Esou wäit si mer komm mat der Liberaliséierung. De Stat, deen e Monopol hat. An ech si frou, Här Biltgen, dass mer dat e bëssen zrëckgehalen hunn. Ech maachen Iech guer kee Virwurf. Et ass eng Constatatioun.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Well Är Partei huet et gefuerdert!

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Neen, neen. Här Biltgen, ech maachen Iech kee Virwurf!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Elo huet en nach eng Partei...

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Dat ass eng Constatatioun, déi ech soen. An et deet eis wierklech leed, dass dat esou wäit ass. Well et dierf een net vergiessen, dass déi Bréifdréier an och déi Aarbechter, déi dann elo lues a lues d’Plaz vum Bréifdréier kréien, ënner ganz, ganz schlechte Konditiounen schaffen. Ech mengen, et war nach ni de Fall esou wéi haut, dass déi Leit, déi do bei der Post schaffen, esou vill krank sinn, dass déi gemobbt ginn, dass se wierklech ganz, ganz schlecht behandelt ginn. Ech muss derbäi soen, awer mäi Stempel drop drécken: Et ass einfach eng Schan. Och wa mer an enger Konkurrenzsituatioun sinn, setzen ech mech awer fir den Aarbechter an. Dat kann dach net sinn, dass mer an déi Richtung ginn, dass mer d’Leit awer hei ganz schlecht behandeln.

An duerfir, dat ass dee Bémol, dee mer hunn. Mir wäerten dat Gesetz hei stëmmen, awer mat engem klenge Bémol. Well mir gesinn, dass och no 2020, wann d’Konkurrenz méi grouss wäert sinn, wa verschidde Firmen da mat der Post konkurréiere wäerten, dass do dann dee Moment d’Konditiounen nach vill méi schlecht ginn, dass do Aarbechtskräften agesat wäerte ginn, déi wierklech um Mindestloun wäerte schaffen, an déi dierfen net mucksen, well soss gi se erausgehäit.

An dat ass d’Suerg, déi mir hei hunn. An duerfir soe mer jo, mä awer ouni Begeeschterung. A mir wäerten dat Gesetz da stëmmen, wéi gesot. Mä mir sinn net iwwerzeegt.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Wien ass mir?

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Als leschte Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d’Wuert.

► **Une voix.**- Sidd frou, Här Urbany, datt Der deen net hutt.

► **Une autre voix.**- Wien ass mir?

► **M. Alexandre Krieps (DP).**- E war gëschter beim Mindestloun net do!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Wéi ee stëmmt hei an dësem Fall, do ass d’Fro, wat fir eng grondsätzlech Mentalitéit dass een huet. Et kann ee soen, hei ass eng oder déi aner kleng Verbesserung dran, also stëmme mer alt derfir a mer bäissen op d’Zänn. Mir sinn eigentlech guer net dermat averstanen, mä mer stëmmen trotzdem derfir. Ech hunn do eng aner Attitüd. Ech gesinn hei awer dee Vote trotzdem als en Zeeche vun der Resistenz, dat ee muss setze géint déi Entwécklung do, déi komm ass. Ech wäert duerfir mat Nee stëmmen.

► **Une voix.**- Oh!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Et ass hei ganz kloer gesot gi vu verschiddene Riedner... Den Här Adam huet et ganz däitlech gesot, wéll ech awer och hei betounen. En ech kann dat net esou laang ausféiere wéi hien, duerfir muss ech mech op hie beruffen.

Ech weess elo net, hunn ech zwou Minuten oder zwou an eng hallef Minuten, Här President?

► **M. le Président.**- Zwou an eng hallef.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Zwou an eng hallef.

► **M. le Président.**- Duerfir, fuert elo schnell virun.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dir verstitt also, datt ech elo net kann ze vill an den Detail hei goen. Mä en huet et gesot: Déi Liberaliséierung hei, och wa se vun Europa eis imposéiert gëtt, profitéiert net de Leit. Si profitéiert net de Leit! Si profitéiert also forcément enger Rei vu private Muerksbetreiber, déi wäerten hei drapsprangen, fir ze profitéiere vun där Situatioun, déi d’Politiker an Europa an och zu Lëtzebuerg awer trotzdem e bësse matgeschafen hunn.

Laangfristeg wäert dat hei derzou féieren no Iwwergankszäiten, awer och schonn direkt, dass d’Post no ënne gezu gëtt, dass och de Service universel no ënne gezu gëtt, dass d’Prestatiounen fir d’Leit, d’Zuel vun de Postbüroen an all d’Prestatiounen fir d’Leit no ënne gezu ginn, d’Aarbechtsbedingungen no ënne gezu ginn.

Wann hei gesot gëtt, dass de Minister esou drop gepocht huet, fir de Samschdeg als Aarbechtsdag mat eranzehuelen, gesinn ech dat awer e bëssen als alarmant Zeeche fir dat, wat nach an Zukunft wäert op eis zoukommen an där Bezéiung do!

Voilà. Ech hunn et gesot, ech wäert hei ganz kloer mat Nee stëmmen, fir en däitlech Zeechen ze setzen. Esou geet et net! An dat do muss och erëm ëmgedrëit ginn. Dat do muss och erëm an Europa an och hei am Land ëmgedrëit ginn! An duerfir müssen d’Leit sech wieren dogéint. An ech mengen, dass et dann och net geet, fir ze soen: „Mir stëmmen hei derfir, well et net anescht geet, an hei oder do gëtt nach eng kleng Verbesserung dru virgeholl.“ Voilà!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. An elo kritt den zoustännege Minister, den Här François Biltgen, d’Wuert.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëllt och fir d’Éischt dem Norbert Hauptert villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht. Virun allem wëll ech em awer Merci soe fir déi vill Zäit, déi e sech hei geholl huet, net nëmmen elo zum Schluss, mä während eigentlech bal dräi Joer, fir zesumme mat de Kolleegen an der Kommissioun un deem Text ze schaffen.

Wat mir och hei e bësse leed deet, dat sinn d’Délaien, déi waren. Ech wousst, dass dat heiten e schwierige Projet ass. A soubal ech erëm eng Kéier fir d’Zweet dann 2009 Kommunikationsminister gouf, hat ech décidéiert, dëst Gesetz fir d’Éischt mat alle Partner duerchzeschwätzen an esou séier wéi méiglech e Projet de loi op den Instanzewee ze féieren. Wat ech och gemaach hunn, ganz fréi. An d’Kommissioun huet dat gemaach, wat oft net geschitt an der Chamber, mä hei huet d’Kommissioun et gemaach mat dem Rapporteur, nämlech net op den Avis vum Statsrot gewaart, mä effektiv ugefaangen, iwwer all Detail ze diskutéieren.

Leider, soen ech, huet hei effektiv de Statsrot, souwuel mat sengem prinzipiellen Avis wéi och mat dem Avis iwwert d’Amendementen relativ laang gewaart, esou dass mer awer mat aller Méi, déi mer eis ginn hunn an der Kommissioun an an der Regierung, elo müssen e bësselchen zum Schluss séier fueren, wat ni gutt ass fir esou eng Matière wéi déi heiten, déi awer komplex a schwierig ass.

Ech hätt gär gehat, et hätt een e bësse méi Zäit gehat. Et kënnt nämlech nach mat derbäi - do ginn ech nach eng Kéier drop an -, dass mer jo hei souwisou schonn dräi Joer zougestane krute vun der Kommissioun, also vun der Unioun, mat Ofsprooch vun der Kommissioun, fir dat méi spéit a Kraaft trieden ze loossen, nämlech nom 1. Januar 2013, wou aner Länner déi Liberaliséierung schonn hunn. Ech hätt dat also wierklech gär éischter gehat, och fir dem Betrib Post d’Méiglechkeet ze ginn, sech besser op déi nei Situatiounen anzustellen.

Ech weess, dass dat geschitt. Dat geschitt och an engem Sozialdialog, deen net ëmmer einfach ass. Mä en ass awer do. Wat och eng wichteg Saach ass, dass och gestridde gëtt. Dat ass schonn eppes, wat ëmmer wichteg ass. Mä et wier besser gewiescht, mir hätten et éischter gehat wéi elo.

Da wëll ech och e Wuert soen, well den Här Berger huet mech ëmmer „Postminister“ genannt. Ech sinn net Postminister. Ech si Regulationsminister.

(Interruption)

Jo, jo. Dat ass e reelle Problem. Den Här Schneider ass Postminister.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ah!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Jo.

(Interruption)

Neen, neen, ech waarde bis dass Der fäerdeg sidd. Ech...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Den Här Biltgen ass ganz nervös haut.

(Interruption)

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Här Berger, ech hunn net d’Impressioun, dass ech nervös wier.

► **Une voix.**- U wat läit et dann?

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Wann Dir eppes wëllt soen, da sot et, a soulaang waarden ech. Ech wëll just soen, dass de...

► **M. le Président.**- Ech bieden Iech wierklech, awer elo emol e bësselchen dem Minister nozelauschteren. Et ass effektiv ganz schweier, wann een hei soll schwätzen an andauernd gëtt riets a lénks do derzwësche geschwat. Här Minister, fuert elo virun!

► **Une voix.**- Et ass geschwë Chrëschttag.

► **Une autre voix.**- Seng Zäit ass schonn ëm.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Här Minister, loosst Iech net stéieren.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Neen, ech loosse mech net stéieren.

(Hilarité)

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Ech explodéiere geschwënn.

► **Une voix.**- Loost Iech net stéieren.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Bleift roueg.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Neen. Wa Rou ass, da schwätzen ech weider. Ech hu kee Problem. Also, ech hunn Zäit de ganze Mëtteg.

► **Une voix.**- Mir och!

(Hilarité)

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Neen, ech verstinn, dass fir vill Deputéierten dat heite Gesetz net wichteg ass. Ech muss just soen, et ass awer wichteg.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **Une voix.**- Elo provoziert Dir awer wierklech, Här Minister!

(Hilarité)

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Also, et muss ee wëssen, an ech kommen nach eng Kéier op d’Liberaliséierung zrëck, dass effektiv zënter der ganzer Liberaliséierung en Ënnerscheid ass zwësche Postminister a Regulationsminister. De Kommunikationsminister ass Regulationsminister. Dat ass `99 fir d’Éischt geschitt. Bis dohi gouf et zum Beispill e Kommunikationsministère zu Lëtzebuerg bis `99, zu deem de Centre informatique gehéiert huet, zu deem d’Post als Betrib gehéiert huet, also P&T gehéiert huet.

Ech waarden, bis den Här Berger an den Här Krieps fäerdeg sinn.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, ech mengen, de Minister iwwerdreift awer elo. Et ass net méi wéi soss.

► **M. le Président.**- Mä, ech mengen, et wier wierklech gutt, wa mir alleguerten e bësselchen méi Disziplin haut de Mëtteg hätten a mir géifen elo dem Minister nolauschteren. Soss komme mer wierklech net virun. Här Minister, wann ech gelift.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- En ass net fir näischt Kommunikatiounsminister!

(Hilarité)

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Et ass dunno `99 décidéiert ginn, an dat war opgrond vun der Liberaliséierungswell vun der Europäescher Unioun, dass de Kommunikationsministère als Ministère opgedeelt gouf.

Do war zum Beispill, an dat war eng vun deenen éischten Décisiounen, déi ech hu misse huelen als Kommunikationsminister `99... Wéi ech fir d’Éischt Kommunikatiounsminister war, hunn ech misse den Här Paul Schuh, deen elo President vum ILR ass, op Drock vun der Kommissioun ofsetze loossen als President vun der Post - dee war nämlech déi Zäit Pre-





sident vun der Post -, well d'Kommissioun gesot huet, dat kann net sinn, dass een, dee fir de Regulatiounsminister schafft, well den Här Schuh ass dunn an de Kommunikationsministère komm, och President vun der Post ass.

Ech wëll dat just erënneren. Vill Leit kënnen sech net méi drun erënneren, wat dat en Drock vu Liberaliséierung war. Eng Liberaliséierung, déi notament am Postsecteur... An do soen ech dem Här Adam Merci, dass en dat gesot huet, déi vun der Lëtzebuurger Regierung ëmmer erëm refuséiert gouf, déi Liberaliséierung am Postsecteur.

Dat war allerdéngs do e Problem. An duerfir hu mer och nach haut déi Situatioun, dass de Kommunikationsminister fir d'Regulatioun zoustänneg ass. Den ILR exekutéiert d'Regulatiounen op alle Gebidder - Telekom, Post, Energie, Gas an esou weider -, an de Kommunikationsminister proposéiert d'Gesetzter iwwert d'Regulatioun. De Kommunikationsminister dierf awer dofir fir d'Kommissioun net Chef si vun engem Betrib, deen eppes domat ze dinn huet.

An dofir ass `99 de Wirtschaftsminister dunn effektiv och President ginn - also President ginn... -, Ministre de tutuelle gi vun dem Betrib Post. Dat ass dat, wat `99 décidéiert gouf. An duerfir ass de Kommunikationsminister Regulatiounsminister an net Postminister.

Da wëll ech soen, dass ech hei bei den Diskussiounen awer e bëssen iwwerrascht sinn iwwer eng Partie Froen, déi déi Häre Berger, Adam an Haagen opgeworf hunn, op déi ech awer nach eng Kéier am Detail zréckkommen, well mir hu se iterativ an der Kommissioun diskutéiert. An ech hunn och iterativ meng Äntwerte ginn. Ech hat och d'Gefill, déi Äntwerte wieren akzeptéiert ginn. An duerfir sinn ech e bëssen iwwerrascht, dass déi Froen nach eng Kéier hei gestallt ginn, amplaz dass Amendemente komm wieren.

Wou ech awer ganz iwwerrascht sinn, awer erfreet sinn, dat ass, Här Colombero, iwwert d'Positioun vun der ADR.

► **Une voix.** - Ah!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Dir sidd jo nach Member, hunn ech haut matkritt, während engem Joer an der ADR,...

► **Plusieurs voix.** - Aaaahh!

**(Interruptions diverses)**

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - ...well am Joer 2000 huet d'ADR eng Motioun hei proposéiert, am Joer 2000, dat war virun der vir-viregter Liberaliséierung, fir ze soen: „Majo, kommt, mir maachen dat, wat d'Chambre de Commerce verlaangt, a kommt, mir maachen eng total Liberaliséierung vum Bréifpostsecteur, well et ass net gutt, dass mir hei e staatleche Monopol hunn.“

Ech sinn also frou, dass eigentlech hei d'ADR, well nach sidd Der Member vun der ADR, Här Colombero, hei eng aner Meenung huet wéi 2000, an de Contraire seet vun deem, wat Der 2000 gesot hutt. Dat wëll ech einfach esou hei akzeptéieren. A wann dat och éierlech gemengt ass, sinn ech ëmsou méi frou driwwer, well et ass ni falsch am Liewen eng Kéier eng aner Meenung ze hunn.

**(Interruption)**

Et ass ëmmer falsch, net op seng Meenung zréckzekommen, wann et deem Falschen déngt. An duerfir soen ech dem Här Colombero hei...

► **M. Jacques-Yves Henckes (Onofhängeg).** - Fréier! Voilà!

► **M. le Président.** - Här Minister, erlaabt Dir...

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Ma, Dir sidd jo net méi Member an der ADR, Här Henckes.

► **M. Jacques-Yves Henckes (Onofhängeg).** - Voilà! Duerfir gesinn ech dat esou.

**(Interruption)**

► **M. le Président.** - Erlaabt Der, datt den Här Gibéryen lech eng Fro stellt?

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Selbstverständlech.

► **M. le Président.** - Här Gibéryen, wann ech gelift.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, ech wollt dat confirméieren, wat den Här Minister hei gesot huet. Mir hunn effektiv déi Positioun sen-

gerzäit gehat. An d'Partei ass dunn awer vun där absoluter Liberaliséierung ofkomm an engem nächste Wahlprogramm. A mir hunn déi Positioun dunn ageholl, déi mer haut hei vertraueden hunn.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Voilà! Dat wollt ech just hei gesot hunn. An nach eng Kéier, den Här Henckes ass net méi Member vun der ADR, mä ech wëll hei begrëssen, dass d'ADR hei eng aner Meenung geholl huet. Voilà.

**(Interruption)**

► **M. Jacques-Yves Henckes (Onofhängeg).** - Absolut.

**(Hilarité)**

► **M. le Président.** - Also, mir schwätzen elo hei net iwwert den ADR-Wahlprogramm, Här Minister, mä iwwert d'Postgesetz. Fuert Dir elo virun.

**(Interruptions diverses)**

► **Une voix.** - Et fänkt un, Slapstick ze ginn.

► **M. Jacques-Yves Henckes (Onofhängeg).** - Duerfir stëmme mer d'Gesetz.

► **Plusieurs voix.** - Mir, mir, mir!

**(Hilarité)**

► **Une voix.** - Die heilige Dreifaltigkeit!

**(Hilarité et interruptions diverses)**

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Här Kartheiser, schwätzt emol e klärend Wuert.

► **M. le Président.** - Här Minister, loosst lech net aus der Rou bréngen a fuert virun.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Ech loosse mech net aus der Rou bréngen. Ech waarde just, dass ech erëm ka schwätzen. Also...

**(Interruptions)**

Ech wëll zu der Liberaliséierung en général eppes soen. D'Liberaliséierung an Europa hat als Zil, op alle Secteuren dem Bierger besser Servicer zu bessere Präisser ze bidden. An déi Liberaliséierung muss een och dofir separat ugoen.

Wann ech elo bei dem Betrib Postes et Télécommunications sinn, muss ech soen, dass zum Beispill d'Liberaliséierung vun den Telekom-Servicer vill bruecht huet, och fir Lëtzebuerg. De Feeler bei der Liberaliséierung vun den Telekom-Servicer war allerdéngs, dass deemools d'Kommissioun der Meenung war, d'Infrastruktur misste liberaliséiert ginn amplaz nëmmen d'Servicer. Well dat ass ee vun deene Problemer, dee mer haut hunn an deen och de Betrib Post huet, fir wierklech mat dem Breetband méi wäit ze goen, well do d'Post eigentlech ëmmer selwer géint sech a Konkurrenz gestallt gëtt duerch déi Liberaliséierung, déi zum Beispill bei der Energie a bei der Bunn aneschtens war: Do sinn d'Infrastrukturen an der Hand vum Stat bliwwen an déi eenzel fréier Monopolisten, déi hu just Servicer ugebueden.

Hätte mer dat am Telekom-Secteur deemools duerchkritt - mir waren awer bal déi Eenzeg, déi dat plädéiert hunn -, da wär et och am Telekom-Secteur haut méi einfach, eng Breetbandstrategie ze maachen, déi mer awer amgang sinn ze maachen, de Wirtschafts- an de Kommunikationsminister zesummen.

Wat d'Bréifpost ubelaangt, ware mer ëmmer géint eng Liberaliséierung. An duerfir wollt ech nach eng Kéier drop hiweisen, déi Debatten, déi mer 2000 haten, wou iwwregens déi gréng Fraktioun dem Minister eng Motioun mat op de Wee ginn huet, déi vu jiddwerengem gestëmmt gouf bis op déi deemools, déi se net gestëmmt hunn, fir ze soen, wiert lech bis zum Schluss, dass ze vill ofgebaut gëtt vum Service réservé. Déi Zäit, 2000, 2001, du war ech Minister, hate mer nach eng Majorité, eng Minorité de blocage. Déi hat mäi Successeur a Prédécesseur Jean-Louis Schiltz duerno net méi. A wéi gesot ginn ass, et ware just nach zwee Länner, déi dogéint waren an, vu dass mer hei am Majorité qualifié waren, hu mer eis net kënnen duerchsetzen, esou dass mer déi ganz Liberaliséierung hei kruten.

Woufir ass bei der Post, Bréifpostsecteur, déi Liberaliséierung fir Lëtzebuerg net wëschenswäert? Aus zwee Grënn. Deen Éischten ass deen: Et huet schonn een, ech weess net wien et war, mä ech kann och där Beispiller ginn a jiddweree kennt se, wann een an der Vakanz war oder et war ee Kolleg an der Vakanz an Italien an en huet ëm wëllen eng Kaart schécken, wéi schéin et an Italien wär oder Spuenien oder nach aner Länner, wéi laang ee gewaart huet. D'Joer drop huet en dann oder fir Chrëschttag huet en eng Kaart kritt vum Juli. Sou! Zu Lëtzebuerg war d'Bréifpost ëmmer zu gudder Präisser och séier. Sou! Si ass och nach haut vläicht manner gutt wéi fréier, mä dat huet och eppes mat anere Saachen ze dinn.

Mä mir waren net Demandeur, well eis Leit zu Lëtzebuerg hunn eng Bréifpost kritt, déi bëlleg a gutt war. Aner Länner hunn déi Liberaliséierung gebraucht, mir net!

Dat Zweet ass, an dat ass den Ënnerscheed zum Telekom-Secteur, den Telekom-Secteur huet e Marché, deen dauernd explodéiert. Dat heescht, wat méi Konkurrenz kënn, wat och méi Servicer ugebuede ginn, wat och jiddwereen op seng Käschtchen kënn. Et muss ee kucken, am Telekom-Secteur ass de Betrib EPT haut largetement majoritär. Ech wëll och soen, et hu verschidde Leit, den Här Haagen zum Beispill, gesot, dat dierft net hei erafléissen. Dat ass ganz kloer. Also, eng vun deene positive Konsequenze vun der Liberaliséierung an Europa ass, dass net gesot gëtt, majo, well s De um Telekom-Secteur e Benefiss méchs, muss De Defizit op dem Postsecteur maachen. Also, dat ass schonn eppes, wat ganz kloer ass vun der Liberaliséierung. Mä et ass evident, dass hei de Marché zréckgeet.

Et ass virdru geschwat gi vun de Banken. Jo, Dir wäert gesinn, ëmmer manner Leit, d'Banken froen ëmmer méi Suen, wann ee gäre seng Extraiten hätt. Dat heescht, ëmmer méi Leit ginn herno nach just op Internetbanking, deen och ëmmer méi sécher gëtt, wat gutt ass. An op där anerer Säit entsteet eleng doduerch e Verloschtgeschäft fir d'traditionell Bréifpost.

An dat, wat mir och, soen ech hei nostalgisch, e bësse leed deet, dat ass, dass mer eigentlech vergiessen, wou d'Bréifpost hierkënn. D'Bréifpost kënn aus engem Secteur hier, aus enger Geschicht hier, do muss ee wierklech op d'18. an d'17. Jorhonnert zréckgoen, Thurn und Taxis an esou weider, déi haten e Monopol. Déi haten awer e Monopol fir déi Déck. Déi Déck haten d'Recht op eng Post. An eng grouss Erungenschaft fir d'Leit war, dass de Stat jiddwerengem garantéiert huet, dass e géif Post kréien, an net nëmmen deenen, déi konnte bezuelen. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass, déi Bréifpost muss een och gesinn, am Kader vun eise moderne Verfassungen, vun dem Bréifgeheimnis. Woufir sinn zum Beispill ëmmer, bei eis an anere Länner och, d'Bréifdréier staatlech Beamte gewiescht? Majo, well ee vu staatlech vereedegte Beamte konnt erwaarden, dass se d'Bréifgeheimnis net géife verletzen. An dat ass eng Geschicht, déi een awer einfach net sollt vergiessen. Haut denkt kee méi drun. Haut gëtt gesot, et muss bëlleg sinn a séier sinn an esou weider. Mä d'Geschicht vun der Bréifpost, wéi och eis Post se gemaach huet, war jiddwerengem Bierger Urecht ze ginn, séier Bréiwer ze kréie vun engem aneren an déi Bréiwer net vun iergendengem opgemaach ze kréien, mä déi Bréiwer zougelooos iwwerreicht ze kréien. Dat soll een net vergiessen.

An dat Drëtt, wat dobäi war, dat ass, an do kommen ech herno nach eng Kéier drop zréck, wann et drëms geet, wéi et ze bezuelen ass, dat ass den Timber. Dat ass den Timber...

**(Interruptions diverses)**

► **Une voix.** - Ech war et net.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Virum Timber...

► **Une autre voix.** - Ech och net.

**(Hilarité)**

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Also, Här President, Dir décidéiert, wann ech ophalen.

► **M. le Président.** - Neen, Här Minister, fuert virun. Dir waart e puermol ënnerbrach ginn. Dir hutt also nach déi eng oder déi aner Minutt méi zegutt. Fuert virun, wann ech gelift.

**(Interruptions diverses)**

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Den Timber ass e wesentlecht Element,...

► **Une voix.** - Hie mécht weider, wéi wann näischt gewiescht wär.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - ...en Element gewiescht beim Bezuelen, well virum Timber huet dee bezuelt, deen e Bréif krut. Nom Timber huet dee bezuelt, deen e Bréif fortschéckt. An och dat erkläert eng Partie Problemer, déi mer herno kréie beim Finanzement.

Den Timber ass allerdéngs eng Demokratiséierung gewiescht vun der Bréifpost, well effektiv dee bezilt, dee gär hätt, dass deen aneren e Bréif kritt, an net deen, deen e Bréif kritt, muss bezuelen. Bon, natierlech hu mer Servicer, wou ee seet, ech hätt gär eppes séier, da kréien ech et.

Ech wëll iwwregens all deene Leit soen, déi op Internet bestellen an déi um Internet gesot kréien, Du muss esou vill fir den Transport bezuele vun Dengem Pak, si sollen emol ganz

oft dat maachen, wat ech ëmmer maachen, ze soen: „Ech verzichten dorop, schéck en einfach mat der normaler Post!“ Well doduerch kënn en net onbedéngt vill méi spéit un, mä e kënn op alle Fall méi bëlleg un, wéi wann een deier Privatservicer bezilt, soi-disant well eben déi Firma mat deem en Accord huet. Och do kommen ech nach eng Kéier drop zréck, dass et och wichteg ass, dass an Zukunft den Utilisateur net onbedéngt déi Privatservicer ënnerstëtzt, déi d'Korinthen aus dem Kuch eraussiche kommen.

An da wëll ech hei eppes soen, wat ech mengen, ech also ganz roueg ka soen, well ech mengen, ech sinn de meescht gehaasstene Politiker op der Post a bei de Bréifdréier souwisou.

► **Plusieurs voix.** - Oooohhh!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Dat ass, jo, dat ass esou, domadder muss ech liewen...

**(Interruptions diverses)**

Domadder muss ech liewen. Ech wëll just soen - duerfir kann ech dat soen, ouni dass et als Schläimerei ugesi gëtt, well ech souwisou keng Stëmme méi do ze gewannen hunn -, dass een einfach hei muss unerkennen, dass d'Bréifdréier an hir Federatioun, dass déi eigentlech bal bereet waren hei, ee vun deenen eelste Beruffer, déi mer hei an der Fonction publique hunn, d'Bréifdréier, ech wëll net soe ganz ofzeschaffen, mä lues a lues auszerangéieren. An duerfir wollt ech dat nach eng Kéier virdru gesot hu vun der Geschicht vun der Bréifpost, och vun der Verfassungsroll vun der Bréifpost. An ech mengen, dass et duerfir och eng Unerkennung vun eis bedeit, dass hei awer Leit waren, en uralen traditionelle Beruff, déi bereet waren am Kader vun engem Sozialdialog ze kucken, fir déi Restrukturierung esou ze maachen op der Post, dass et och dee Betrib nach an Zukunft ka ginn.

An dann e Wuert zum Service universel an zum Service réservé. Mir haten, an dat war nach, wéi ech 2001 déi virlescht Direktiv ausgehandelt hunn, hate mer e Service réservé, et ass e puermol gesot ginn, bis zu 50 Gramm konnt d'Post weider huelen. Domadder huet d'Post Defizitgeschäfte kënne maachen. Wou sinn d'Defizitgeschäfte, wou sinn déi positiv Geschäfte? De Punkt ass, dass een...

Ech hunn dat ëmmer an der Kommissioun gemaach, dass ech de Bréifpostmarché e bësselche mat engem Méckekuch verglach hunn, dat ass en dréchene Kuch an d'Mécken, dat sinn d'Korinthen. Bis elo war et esou, dass mer gesot hunn, an dat war de Service réservé, d'Korinthen, an dat waren d'Bréiwer bis zu 50 Gramm, déi sinn der Post virenthalen, wat iwwregens och schonn zu enger Partie Prozesser gefouert huet, zu Décisioune beim ILR gefouert huet. Déi sinn dem Betrib Post virenthalen.

Elo geet de Service universel op fir jiddwereen. An dat ass - an duerfir nach eng Kéier op déi Froen zréckzekommen, déi hei gestallt goufen, déi ech scho beäntwert hat awer nach eng Kéier wëll bestellen - de Problem ass deen, dass de Service postal universel zwou Bedeitungen huet. Et ass een eenzege Betrib am Land, dee muss jiddwerengem Bierger am Land, egal wou e wunnt, dat garantéieren! Dat heescht, dee muss och den dréchene Kuch garantéieren. An déi aner, déi nei Betriber, déi kënnen sech d'Korinthen erauspicken.

An dat ass de Punkt, wou et elo an Zukunft schwierig gëtt. An dat ass och den Haaptpunkt gewiescht, fir d'Regierung, net nëmme fir de Kommunikationsminister, mä fir d'Regierung insgesamt, an deem ganze Pak, fir ze soen, wa mer elo d'Konkurrenz opmaachen, da kann et net sinn, dass dann de Stat zweemol bezilt. De Stat bezilt de Betrib Post, well mir sinn eenzege Haaptaktionär, an ech sinn och der Meenung, dass dat och soll esou bleiwen. Mir sollen net d'Actionariat opmaachen, well déi Fro gouf ënnerschwelleg vun engem gestallt. Ech mengen, dass de Stat soll widerhin Aktionär bleiwen, well de Betrib Post fir eis net e finanzielle Betrib ass, deen eis Sue soll virun allem an d'Keess ginn, mä virun allem eis Missiounen am Interessi vun de Leit ginn.

Op där anerer Säit ass et allerdéngs esou, dass mer net der Meenung sinn als Regierung, dass dann d'Post, dass dann de Stat och nach sollt d'Defizitgeschäft vun der Post bezuelen. Wann hei nei Konkurrenten op de Marché kommen, déi nëmmen d'Korinthen huelen, ma da solle si derfir bezuelen. Hei ass et natierlech, jiddwereen huet et gesot, dass hei souwuel d'Gewerkschafte wéi d'FEDIL an d'Chambre de Commerce enger Meenung waren, fir ze soen, de Stat soll bezuelen. Ech verstinn d'Gewerkschafte ganz gutt. Ech hunn och ganz vill Versteedemache, wann ech Member wär vun de Gewerkschaften.

► **M. le Président.** - Här Minister, ech muss lech just drop opmierksam maachen, dass Der





lues awer sécher zum Schluss kommt. Ech hunn lech elo fënnef Minutte méi ginn. Ech wär awer elo frou, wann Der géift lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Wéi vill Minutte gitt Der mer?

► **M. le Président**.- Ma fuert emol virun. Dir hutt Der elo scho fënnef méi kritt. Ech mengen, mir hunn hei Riedezäiten, do muss awer jiddweree sech am Prinzip drun halen. Dir sidd elo e puermol ënnerbrach ginn, duerfir hunn ech lech och e puer Minutte méi ginn. Mä kuckt, datt Der awer elo lues awer sécher zum Schluss kommt.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Liest den Avis vun der Chambre de Commerce no. Do steet dait-lech dran, mir hätte gär, dass de Stat bezilt a mir hätte gär, dass de Stat derfir suergt, dass d'Post restrukturiéiert gëtt. An duerfir verstinn ech d'Gewerkschaften, dass si och wëllen hunn, dass de Stat bezilt, well se fäerten, dass se herno ënner Drock gesat ginn, dass herno ze vill séier an ze vill schlecht d'Posten ofgebaut gi bei der Post.

Ech soe just, ech versti si, mä ech deelen hir Meenung net, well ech effektiv der Meenung sinn, dass, wann elo Privatbetriber kommen, déi hei d'Korinthen akasséieren, déi hei Suen akasséieren, dass se och solle bezuelen. An déi Fro, déi mer hei gestallt gouf vun engem vun den Intervenanten, fir ze soen: „Wie bezilt dann elo a wie bezilt net?“ Do soen ech ganz einfach, wa vill Privatbetriber kommen an d'Korinthen erauspicken, dann ass den Defizit vum Betrib Post grouss. Mä da sinn der och vill do, déi dra bezuelen an den Defizit.

Wa mer awer eleng doduerch, dass mer deene Betriber soen: „Dir musst herno bezuelen.“, deenen emol e Rigel virschieben, dass déi elo nëmme kommen an an de Ballungsgebidd - d'Ballungsgebidd, dat ass de Süden, dat ass de Minett an dat ass d'Stad -, do Servicer ubidden, bei deem, dee fortschéckt, net bei deem, wou et ukënnt. Well, do wäert Der gesinn, dass e Betrib seet zu de Privatboiten: „Wann Dir wëllt bei eis kommen, da kritt Der vill méi bëlleg Är Post ausgedroen am Minett an an der Stad, mä wann Der gär Bréiwer am Norden hätt, da gi se méi deier.“ Wat mécht de Betrib? Ma e geet bei de Private fir de Minett a fir d'Stad an e geet bei d'Post fir deen am Norden an am Osten.

An duerfir, wa mer deene Betriber soen -, an duerfir sinn ech hei radikal géint den Avis vun der Chambre de Commerce a géint de Conseil de la concurrence -, wa mer deene soen: „Lauschtert, wann Dir nënnen d'Korinthen hei erauspickt, da musst Der matbezuelen.“, dann hu mer vläicht d'Chance, dass der manner kommen. Wann der manner d'Korinthen erauspicken, gëtt den Defizit fir de Betrib Post jo och manner grouss. An dat ass e bëssen d'Äntwert op déi Fro, déi verschidde Leit gestallt hunn.

► **Une voix**.- Do si mer eis eens.

► **M. le Président**.- Dir misst lues awer sécher elo wierklech zum Schluss kommen. Dir sidd elo iwwer siwe Minutten. Ech mengen, Dir hutt Zäit, fir...

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Ech wëll lech da soen,...

► **M. le Président**.- ...Är Konkusioun ze zéien.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Jo. De Problem ass, Här President, d'Deputéierten trieden op, stelle mer Froen, hätte gären eng Äntwert. An Dir gitt mer net d'Zäit, fir d'Äntwert ze ginn. Ech kann also keng Äntwert méi ginn...

**(Interruptions diverses)**

Ech kann also keng Äntwert méi ginn, déi ech gare ginn hätt, well ech hu se...

**(Interruptions diverses)**

► **Une voix**.- Dir hat awer elo laang genuch...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dir hutt Är Zäit benotzt, fir iwwert d'ADR ze schwätzen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Ech hunn d'ADR geleuft. Elo sidd och nach rosen dowéinst!

**(Interruptions diverses)**

► **M. le Président**.- Här Minister, kommt elo zum Schluss.

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Ech hätt gären iwwert d'Expresspost geschwat, ech hätt gären iwwert d'Postbüro geschwat, ech hätt virun allem schrecklech gären iwwert de Kollektivvertrag geschwat an ech hätt och gären iwwer fënnef oder sechs Deeg geschwat. Ech wëll just

soen, dass ech kee Problem hunn, dass sechs Deeg fale gelooss ginn. Heiansdo muss ee Ballast loossen, fir dat ze kréien, wat ee gären hätt. A wat ech gären hätt, dat ass, dass déi Privatbetriber, déi d'Korinthen hei erauspicken, dass déi och bezuelen, an dass et net nëmme de Stat ass an de Steierzueler, déi muss bezuelen, fir dass d'Leit e gudden Déngscht gebuede kréien.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister. An domadder wär d'Diskussioun elo definitiv ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6160 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6160 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen géint eng Neen-Stëmm.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par Mme Nancy Arendt), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*M. Jacques-Yves Henckes.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Ier mer elo un deen nächste Projet de loi kommen, ass hei nach eng Question urgente vum honorabelen Här Ali Kaes iwwert d'Zuchlinn Elwen/Lëtzebuerg erakomm.

► **Plusieurs voix**.- Ooohhh! Aaahhh!

► **Une voix**.- ...misst nach d'Urgence erklären, Här President.

► **Une autre voix**.- Wou ass do d'Urgence?

► **M. le Président**.- Ech géif also den Här Kaes bidden, seng Fro ze stellen. Den Här Kaes erkläert lech elo d'Urgence.

► **Une voix**.- Mir fuere mat dem Zuch iwwert d'N7.

#### 4. Question urgente n°2467 de M. Ali Kaes sur les perturbations sur la ligne Troisvierges-Luxembourg

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn u sech déi Fro gestallt, well ganz einfach mer bis elo eng gutt Woch haten, wou d'Temperaturen ënner Null gefall sinn an effektiv ass an där Woch direkt den éischten Zuch vun Elwen a Richtung Ettelbréck, Richtung Stad zweemol u sech net zu deenen normalen Horairé gefuer. Dat heescht, déi eng Kéier ass en iwwerhaapt net aus der Gare erauskomm, well en eng Pann hat zu Elwen. An déi zweete Kéier ass e just bis op Clief komm an du war et eriwwer. A wann...

**(Interruptions diverses)**

► **M. le Président**.- Ech bidden lech, dem Här Kaes nozelauschteren.

**(Interruptions diverses)**

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech weess souwisou net, wat et do ze laache gëtt. Ganz besonnesch...

► **Une voix**.- Här President, ech si gëschter mam Bus an d'Stad gefuer, deen hat dräi Minutte Verspéidung. Däerf ech och eng Question stellen? Et ass urgent, wann ech gelift.

**(Hilarité)**

► **M. le Président**.- Här Kaes, fuert elo virun.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech weess net, also déi Leit am Norden, déi deen Zuch huelen, déi fanne dat iwwerhaapt net lächerlech!

► **Une voix**.- Mir och net. Mir fannen eppes anescht lächerlech.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Grad déi gréng, déi jo fir den öffentlechen Transport sinn,...

**(Interruptions diverses et hilarité)**

...misste ganz speziell fir den öffentlechen Transport sinn, missten et guer net gutt fannen, wann ee sech net kann op den öffentlechen Transport verloossen. Wann een net zur Zäit op seng Aarbecht kënnt, wann een net zur Zäit a seng Schoul kënnt, wann een net zur Zäit an de Lycée kënnt, wann een net...

**(Interruptions diverses)**

► **M. le Président**.- Ech bidden lech, elo opmierksam ze sinn.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Wann een net op Dikrech zum Beispill an de Lycée kënnt, fir seng Prüfung ze schreiwen, dann ass dat...

**(Interruptions diverses)**

► **M. le Président**.- Här Kaes, stellt awer elo wann ech gelift Är Fro.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Jo.

► **M. le Président**.- Stellt elo Är Fro.

**(Interruptions diverses)**

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Här President, da musst Dir et vläicht awer och fäerdegréngen, datt endlech hei Rou ass, datt een normal ka seng Fro stellen. Ech wëll just soen, datt dat doten net normal ass an datt...

**(Interruptions diverses)**

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Do si mer eis all eens!

► **M. le Président**.- Ech bidden lech, awer elo wierklech nozelauschteren. Stellt Är Fro an da kann de Minister drop äntweren, wann ech gelift.

► **Une voix**.- Ma, et ass dem Minister seng Schuld!

**(Hilarité)**

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech wëll just soen, datt grad an engem Moment, wou den öffentlechen Transport zweemol Sënn mécht, nämlech dann, wann d'Stroossen net onbedéngt gutt befuehrbar sinn, datt, wann een da seet, ma elo huelen ech grad haut den Zuch, an doduerch ze spéit kënnt, dann ass dat einfach net gutt.

An duerfir froen ech, ob den Här Minister a Kenntnis vun där Situatioun ass, ob u sech eis Zich net de wanterleche Konditiounen ugepasst sinn, wat also d'Ursaache sinn, datt dauernd Pannen optrieden?

**(Interruptions diverses)**

A wat den Här Minister - Dir kritt mech net aus der Rou, Dir alleguerten net -, a wat den Här Minister gedenkt ze ënnerhuelen, fir datt och déi Bierger aus dem Norden, déi fréi mam éischten Zuch Richtung Ettelbréck a Richtung Stad fuere, fir datt déi sécher an zur Zäit op hirer Aarbecht respektiv an hirer Schoul ukommen?

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Elo kritt de Minister d'Wuert, fir drop ze äntweren.

**(Interruptions diverses)**

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Et ass e Bus an eng Luucht gerannt...

► **Une voix**.- Ech hunn d'Urgence nach net verstanen, Här President.

► **Une autre voix**.- De Minister erkläert eis et jo elo.

► **M. le Président**.- De Minister äntwert elo op d'Fro vum Här Kaes.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. E puer Saache sinn zu där doter Fro ze soen.

Dat Éischt, dat ass selbstverständlech, wéi den Här Kaes seng Fro gestallt huet, hunn ech mech bei de CFL informéiert, wat dann d'Problemer wären, krut och relativ prezis Äntwerten. Op deem Datum, wou gefrot ginn ass, den 12. Dezember 2012, war effektiv eng vun deenen..., hu mer 14 Deeg no hanne gekuckt, fir ze gesinn, wat alles passéiert ass. Zwou Saache si passéiert. Et war eng Relatioun vun deene 84 Zirkulatiounen, déi moies während deene 14 Deeg gefuer sinn, déi suppriméiert ginn ass, also net konnt nom normalen Horaire fuere.

Firwat war déi Suppressioun do? Mä dat war, well en techneschen Défaut um Transformateur vun der Lokomotiv 3.002 den Zuch...

► **Plusieurs voix**.- Aaahhh!!!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Elo wësse mer alles.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Voilà!

...den Zuch RE 7.608 vu 5.41 Auer...

► **Une voix**.- Elo versti mer d'Urgence esou lues.

**(Brouhaha et hilarité)**

► **M. le Président**.- Da lauschtert och elo dem Minister no!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- 3.002, ma dann ass et urgent.

**(Hilarité)**

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...well déi en techneschen Défaut um Transformateur hat. Dee Problem war also net, wéi elo hei gesot gouf oder wéi ee konnt gleewen, liéiert mat de Conditions hivernales, well et hat u sech näischt mam Wanter ze dinne. En hat just eng Pann, Wanter oder net Wanter.

**(Brouhaha et hilarité)**

Dat ass esou. Duerfir d'Äntwert op déi Fro an op d'Angscht vum Här Kaes, datt dat op der Nordstreck, wou awer d'Wanterkonditiounen méi grouss si wéi op anere Strecken, kéint méi oft virkommen, ass also net justifiéiert, well den Zuch just eng Pann hat an dat do net mat de wanterleche Konditiounen eppes ze dinne hat.

D'CFL hunn och a mengen Aen hei relativ gutt reagéiert, well de Personnel de bord an den Agent local vu Clief sinn informéiert ginn, hunn och de Persounen, déi dra waren, assistéiert an hunn och déi noutwendeg Moossname geholl, fir et an de Grëff ze kréie mat de Leit.

Do kann een effektiv elo driwwer laachen. Mä ech fannen, datt d'CFL do bei esou Fäll eng gutt Aarbecht maachen. Si si relativ schnell intervenéiert.

**(Brouhaha général)**

► **Une voix**.- De Problem sinn net d'CFL!

► **Une autre voix**.- Ausser zu Dikrech.

► **M. le Président**.- Ech bidden lech, nozelauschteren!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Da soen d'CFL och nach, datt se an Zukunft och de Personnel sédentaire, dat heescht déi Persounen, déi op deene Garé sinn, déi qualifizéiert sinn, fir d'Surveillance vun deene Maschinnen ze maachen, wäerte bäibehalen. Wann also aner Konditiounen sinn a Schwieregkeete sinn, datt se direkt kënnen agraifen.

Duerfir als Konkusioun wëll ech soen, datt d'Material vun de CFL duerchaus adaptéiert ass un déi do Froen an datt u sech ëmmer awer eenzel Pann kënne virkommen.

Des Weidere war nach de 7. Dezember 2012 een Zuch ëm 46 Minutte retardéiert. Dat war dat Eenzege, wat awer op där Streck dee Moment virkomm ass.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6388, eng Konventioun vum Conseil de l'Europe géint den Terrorismus. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et ass kee Riedner ageschriwwen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi...

► **Une voix**.- Den Här Urbany.

► **M. le Président**.- Den Här Urbany.

Da kritt also elo d'Wuert d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Christine Doerner.

#### 5. 6388 - Projet de loi portant approbation de la Convention du Conseil de l'Europe sur la prévention du terrorisme, signée à Varsovie, le 16 mai 2005, et modifiant

- le Code pénal;

- le Code d'instruction criminelle;

- la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;